LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

# Deklaratioun iwwert d'Aussepolitik

presentéiert vum

Här Jean Asselborn
Aussen- an Europaminister

an der Chamber
den 8. November 2022

*Et zielt dat geschwatent Wuert*

Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert,

**Um internationale Plang huet d'Joer 2022 de 24. Februar ugefaangen**, deen Dag wéi am fréie Moie russesch Panzer iwwert d'ukrainesch Grenz gerullt sinn an déi éischt Missilen op Kyiv gefall sinn. Wat kee vun äis wollt wouer hunn, wat kee vun äis konnt gleewen, ass brutal agetratt: Europa sollt am 21. Jorhonnert, trotz allen Efforte fir de Fridden, awer **nees e Krich** erliewen.

Natierlech goufen et an den 90er Joren och déi schrecklech Jugoslawie-Kricher, deenen hir Nowéien d'Regioun nach ëmmer spiert. Et gouf och de Krich a Georgien an natierlech gouf et virum 24. Februar 2022 och de Februar 2014, wéi Russland ugesat huet, d'Krim z'annektéieren.

Mä mir sinn äis all am Kloren, dass de militäreschen Ugrëff, deen de 24. Februar declenchéiert gouf — a sengem Ausmooss, a senger Brutalitéit, a senge globale Konsequenzen — **alles iwwertraff huet, wat dëse Kontinent zanter dem zweete Weltkrich kannt huet**. Eppes muss äis bewosst sinn: dat hei ass net nëmmen e Krich vu Russland géint d'Ukrain, et ass d'Konfrontatioun tëschent zwee politesche Systemer, tëschent zwou Weltvirstellungen. **Et geet virun allem ëm Wäerter hei, an et ass eis kollektiv Verantwortung, déi universell Wäerter vu Fräiheet an Onofhängegkeet, vu Gläichberechtegung a Mënschlechkeet, héich ze halen**. Et hat ee gemengt, et kéint ni méi Krich ginn an Europa. Lo musse mir alles drusetzen, dass dat hei déi leschte Kéier ass, wou d'Force vum Internationale Recht dem Onrecht vun der militärescher Force wäiche muss.

Zanter Joren hat de Präsident Putin konsequent all demokratesch Oppositioun an sengem Land ënnerdréckt a seng Muecht systematesch ausgebaut. Lo probéiert hien, seng Ideologie vum „Russkiy Mir" mat brachialer Gewalt duerchzesetzen, dee Modell, wou d'Leit de Bak ze halen hunn, a wou de Regime allmächteg ass. Laang hu mir hei an eisem Deel vun Europa

**gegleeft, dass mer dem Putin säi Russland iergendwéi kéinten** an eis Wäerte-Gemeinschaft an an eis Sécherheetsarchitektur **abannen**, oder et wéinstens esou un de Rescht vun Europa

ubannen, dass ee friddlecht Zesummeliewen um europäesche Kontinent méiglech wier. Dat ass offensichtlech net de Fall.

**De Putin wollt dëse Krich.** D'Geschicht wäert beleeën, dass hien dëst scho virun engem Joer, am Hierscht 2021, decidéiert hat. All Beméihungen, bis an den Dezember d'lescht Joer eran, souwuel vun der EU, der NATO, dem NATO-Russland-Rot, oder och der OSZE, fir dem Putin ze soen, dass de „Westen" bereet ass, d'Vuë vu Russland a Saache Sécherheetsarchitektur nozelauschteren, fir der Diplomatie eng Chance ze ginn, Léisungen ze sichen, waren ëmsoss.

Allerdings weess een net, ob de Putin dës verbriecheresch Aktioun gemaach hätt, wann e gewosst hätt, wou e bal 9 Méint nom Ugrëff stoe géif, politesch, wirtschaftlech, a virun allem militäresch.

Russland **trëppelt zanter elo iwwer 8 Méint d'internationaalt Recht brutal mat Féiss**. All déi Verbriechen, déi Russland begaangen huet, an déi och vun der UNO veruerteelt goufen, kënnen net ignoréiert ginn. An dësem Krich **kann et dofir och keng Neutralitéit ginn**. Russland net ze veruerteelen heescht, Russland ze ënnerstëtzen, heescht z'akzeptéieren, dass **dee Stäerkste Recht hätt**. Wann de Putin säi Krich géif wannen, da wier dat net méi an net manner wéi d'Doudesurteel vun der internationaler Weltuerdnung, sou wéi mir se kennen, sou wéi mir se nom Zweete Weltkrich opgebaut hunn.

De Krich an der Ukrain huet villes anescht gemaach. Et gëtt dacks vun engem Paradigme-Wiessel an der Geopolitik geschwat. De Krich, ënnert deem d'Leit an der Ukrain zanter bal 9 Méint leiden, huet **Konsequenzen op allen Niveauen**, bei äis heiheem, an Europa, an uechter d'Welt.

**D'Ukrain brauch all Hëllef, déi mir hir kënne ginn, fir sech ze verteidegen** géint déi mäerderesch Agressioun vu Russland. Den Artikel 51 vun der Charta vun der UNO seet et kloer, an ech zitéieren Iech en hei op Däitsch :

*„Diese Charta beeinträchtigt im Falle eines bewaffneten Angriffs gegen ein Mitglied der Vereinten Nationen* ***<u>keineswegs</u>*** *das* ***naturgegebene Recht zur individuellen oder kollektiven Selbstverteidigung****, bis der Sicherheitsrat die zur Wahrung des Weltfriedens und der internationalen Sicherheit erforderlichen Maßnahmen getroffen hat. Maßnahmen, die ein*

*Mitglied in **Ausübung dieses Selbstverteidigungsrechts** trifft, sind dem Sicherheitsrat sofort anzuzeigen; sie berühren in keiner Weise dessen auf dieser Charta beruhende Befugnis und Pflicht, jederzeit die Maßnahmen zu treffen, die er zur Wahrung oder Wiederherstellung des Weltfriedens und der internationalen Sicherheit für erforderlich hält."*

Den Artikel 51 leet de Fanger och matzen an d'Wonn, déi de Krich an eis Weltuerdnung gerappt huet : **den UNO-Sécherheetsrot, an deem Russland eng Veto-Muecht ass, ass fir de Moment total onfäeg**, seng Roll fir de Weltfridden ze spillen. Dofir ass et un äis all ze handelen, am Kader vum internationale Recht, dat äis als méi klengem Land besonnesch um Häerz läit, jo, dat liewenswichteg fir äis ass.

Lëtzebuerg huet direkt nom 24. Februar zesumme mat sengen europäeschen an internationale Partner séier an dezisiv reagéiert, an ass zanterhir ferm engagéiert. **Elo gëllt et, net verdrësslech ze ginn, net ze zweifelen, net midd ze ginn** an eiser Ënnerstëtzung fir d'Ukrain. Wa mir si elo net resolutt géint dës Agressioun stäipen, wou géif de Putin, oder en anere Putin, dann als nächst amarschéieren?

* * *

Mir hunn Decisioune geholl, heiheem an an der EU, déi virun e puer Méint nach net denkbar gewiescht wieren. Och Lëtzebuerg huet, déi éischte Kéier an eiser Geschicht, **Waffen an e Krichsgebitt geliwwert**. Lëtzebuerg huet bis elo Waffen a Material fir méi wéi 72 Milliounen EUR un d'Ukrain geliwwert. Dat entsprécht 16% vun eisem Verdeedegungsbudget. Déi Waffen hëllefe matt, um Terrain en Ënnerscheed ze maachen. Als EU Member leeschte mir och eise finanzielle Bäitrag fir de gemeinsamen Effort am Kader vun der Europäescher Friddens-Facilitéit (FEP), dee bis elo erlaabt huet, 6 mol 500 Milliounen zur Verfügung ze stelle fir Waffeliwwerungen an anert Material.

Et däerf een d'Equatioun net opstellen, dass militäresch Hëllef fir d'Ukrain méi Krich bedeite géif, an ëmgedréint, dass keng militäresch Hëllef méi fir d'Ukrain de Fridde méi no brénge géif. Dat ass e Feelschluss, deen am Fong dem Putin e Blankoscheck ausstelle géif, fir d'Ukrain total ze zerstéieren. Jo, ouni militäresch Hëllef un d'Ukrain wier de Krich eriwwer. Mam Resultat, dass et keng Ukrain méi géif ginn, an Honnertdausenden ukrainesch Doudeger.

* * *

Heiheem si séier nom 24. Februar déi éischt Leit, déi virum Krich hu misse fortlafen, ukomm. Och dës Kéier huet Lëtzebuerg **Verantwortung iwwerholl** an de Leit, déi aus der Ukrain geflücht sinn, direkte Schutz ugebueden. Zanter Enn Februar vun dësem Joer hu mir ronn 4500 Leit de **Statut vun der temporärer Protektioun** zougesprach, ronn 3000 Erwuessenen a 1500 Kanner. Am Ufank gülteg fir ee Joer, bis Mäerz 2023, ass de Statut lo rezent **ëm en zousätzlecht Joer verlängert ginn**. Bis Mäerz 2024 kënnen also d'Mënschen déi aus der Ukrain hu misste fortlafen, ënnert deem Statut an eisem Land wunnen, schaffen an hir Kanner an d'Schoul schécken, also en normaalt Liewe féieren, souwäit dat méiglech ass wann ee vum Krich aus sengem Heemechtsland gedriwwe gëtt.

Wann ee gesäit wéi Russland säi brutale Krich géint d'Ukrain ëmmer weider eskaléiert, da kann et gutt sinn, dass nees méi Leit aus der Ukrain an d'EU an op Lëtzebuerg kommen. Dorop musse mir préparéiert sinn an dofir schaffe mir weiderhinn drun, fir relativ **kuerzfristeg d'Zuel vu Better nach eemol eropzesetze bis den Ufank vum Joer 2023**. Dëst gëtt net nëmme gemaach fir d'Mënschen aus der Ukrain, mä och fir all déi Mënschen déi internationale Schutz zu Lëtzebuerg ufroen. Och do gesinn mer en **neien Afflux zanter dem Enn vum Summer 2022**: et kommen rëm **vill** Mënschen hei un.

Ech verstoppen et net : et ass eng grouss Erausfuerderung, där mir äis weiderhinn mat all de concernéierten Acteuren a Partner stellen, fir de Leit beschtméiglech Konditiounen am Accueil ze bidden. An deem Kontext wëll ech hei nach eng Kéier deene **sëllegen Acteuren MERCI soen**. Als éischt eise Matbierger déi nach ëmmer - op fräiwëlleger Basis – ganz vill Leit bei sech doheem ophuelen oder opgeholl hunn. De Gemengen, deene villen ONGen -virop d'Croix-Rouge an d'Caritas -, an de Ministèren an Administratiounen mat deene mir enk zesumme schaffen. D'Mattaarbechter vum Office national de l'Accueil, ONA, hunn effektiv a Rekordzäit en neien, **parallellen Accueil- an Hebergements-System** fir d'Leit déi aus der Ukrain geflücht sinn, opgebaut. Den éischten Accueil ass am **Guichet Unique, organiséiert vun der Immigratioun,** gemaach ginn, op enger zentraler Ulaafstell, wou all d'Servicer, also d'Immigratiounsdirektioun, den ONA, d'Santé, d'Educatioun an d'Police, zesummegeluecht gi sinn, fir d'Demanden sou séier wéi méiglech ze traitéieren. Déi staatlech Servicer hunn do

gutt Aarbecht geleescht an eng grouss Reaktivitéit a Flexibilitéit bewisen, zesummen mat de Partner, déi d'Leit mam Statut vun der protection temporaire an de Strukturen encadréieren.

* * *

Wéi een un der Gestioun vun der Ukrain-Kris gesäit, ass **eng EU-koordinéiert Äntwert an der Migratiounspolitik méiglech**. Mir hunn et a kierzester Zäit fäerdeg bruecht, iwwer 6 Milliounen ukrainesch Flüchtlingen europawäit opzehuelen. Et war déi éischte Kéier, dass de **Mechanismus vun der *Protection temporaire*** vun der Europäescher Kommissioun aktivéiert ginn ass, a mir gesin all Dag, wéi wäertvoll dee Statut ass, well en erlaabt, onbürokratesch a séier, an also mënschlech, ze handelen.

Zanter der Migratiounskris 2015/2016 huet d'EU an deem Beräich kee Bild vun Eenheet ofginn. Dës Kéier huet d'EU glécklecherweis gewisen, datt, wann de politesche Wëllen do ass, och zesumme ka gehandelt ginn. Dat heescht beleiwen net, dass ee kann een Ënnerscheed tëschent ukraineschen an anere Migrante maachen. Sou eng Distinktioun wier net acceptabel. D'EU muss eng Plaz bleiwen, déi verfollegte Leit Schutz bitt. **Mir mussen iwwerall op der Welt astoe fir Solidaritéit mat deene Leit, déi hir Heemecht musse verloosse fir ze iwwerliewen**. D'Flüchtlingsrecht ass zanter 1951 an der **Genfer Konventioun** verankert. Dorunner dierf net geréckelt ginn. Wann een awer verschiddenen EU-Länner am Zesummenhang mat Net-ukrainesche Flüchtlingen nolauschtert, géif ee mengen, si hätte vergiess dass d'Recht op Asil eng international Obligatioun ass, an dass d'Ratifikatioun vun der Genfer Konventioun och eng vun de Konditioune fir e Bäitrëtt an d'Europäësch Unioun war a bleift.

* * *

De Krich an der Ukrain stellt effektiv och e Paradigmewiessel fir d'Europäesch Unioun duer, d'Enn vun enger Ära. 70 Joër nodeems hei zu Lëtzebuerg d'Europäesch Gemeinschaft fir Kuel a Stol hir Aarbecht opgeholl huet, ass e Land an eiser direkter Noperschaft Affer vun engem brutalen Iwwerfall gin.

Dëst ass eng komplett nei Situatioun fir d'EU. **Déi russesch Agressioun ass eng Attack op alles, fir dat d'EU an der Welt steet: Fridden, Demokratie, Rechtstaatlechkeet a Multilateralismus,**

fir nëmmen déi ze nennen. D'EU als solch kann an dierf dem Konflikt also net gläichgülteg géintiwwer stoen. Mir hunn hei déi moralesch Flicht, den Ukrainer zur Säit ze stoen an näischt onversicht ze loossen, fir dësem bluddege Konflikt en Enn ze setzen.

Dofir ass och séier reagéiert ginn. Zanter der Invasioun huet d'EU hir **Sanktiounen**, déi scho vun 2014 un géint Russland am Kader vun der illegaler Annexioun vun der Krim geholl gi waren, a bis elo 8 successive Päck, signifikativ verschäerft. Mir hunn elo hei e Sanktiounsregime opgebaut, wéi et e bis ewell an där Form nach net ginn ass. Mam Zil deenen, déi a Russland d'Soen hunn, **d'Mëttel ze entzéien, fir dëse Krich weiderzeféieren**. D'Objektiv vun de Sanktiounen ass, den Drock op Russland also esou ze erhéijen, de Krich esou deier ze maachen, dass Russland d'Invasioun muss stoppen. Dat si mir den Ukrainer schëlleg an dat si mir äis selwer schëlleg fir kredibel ze bleiwen.

**Dës Sanktioune sinn also kee Choix, mä eng Noutwendegkeet.** Mir kënne jo net einfach nokucken, wéi Russland un eise Grenzen d'Vëlkerrecht, d'Genfer Konventiounen an d'Mënscherechter mat Féiss trëppelt an esou schrecklech vill Misär uriicht. Déijéineg, déi dëst net agesinn, an déi op dem Putin seng verluge Propaganda erafalen, hunn nach net verstanen dass et eben hei ëm vill méi geet wéi e Konflikt tëschent zwee Länner.

Mir dierfen houfreg sinn op déi **Eenheet** déi d'EU hei am grousse Ganzen no baussen demonstréiert huet. Mir dierfen houfreg sinn, dass mir an der EU an dëser Kris zesumme geréckelt sinn, an net, wéi der vill gefaart haten, ausernee gedrift sinn. Et gouf ganz ënnerschiddlech Ausgangspositiounen vun de verschiddene Memberstaaten, an et war net einfach, 8 Päck Sanktiounen unzehuelen an ëmzesetzen. Mä mir bréngen et bis elo fäerdeg hei gréisstendeels un engem Strack ze zéien. Eis Exportrestriktiounen sollen dem russesche militäresch-industrielle Komplex d'Technologien an aner Mëttel entzéien, déi hinnen erlaben hir militäresch Fähegkeeten weider ze entwéckelen. D'Importrestriktiounen maachen de Krich fir Russland vill méi deier. Déi, déi dee Konflikt finanziell oder materiell ënnerstëtzen oder dovu profitéieren, ginn duerch déi finanziell Sanktioune fir hir Aktiounen zur Rechenschaft gezunn.

Och déi perfid russesch Propagandamachine ass duerch d'Medienrestriktiounen, déi net mat liichtem Häerz geholl gi sinn, zolitt ausgebremst ginn.

**D'EU huet hei bewisen, dass si a Rekordzäit dezisiv a solidaresch handele kann**, fir d'Sécherheet an d'Objektiver vun der Unioun ze verdeedegen. Ech verstoppen net, dass besonnesch d'Haltung vum ungaresche Premier Orban ganz oft net konstruktiv war, an et e puermol sou ausgesinn huet, wéi wann eis Unitéit géif a Schierbele goen. Bis elo si mer zesumme virukomm, deelweis, well keen sech getraut huet, als eenzegen eis gemeinsam Politik opzehalen. D'Unitéit heescht och, dass mir Concessiounen hu misse maachen. Zum Beispill, wann ee Land Hand hällt iwwer verschidde Leit, déi onbedéngt missten ënner Sanktioun stoen, wéi de Patriarch Kyrill, deen dem Putin säi Krich glorifizéiert. Elo huet de Premier Minister vun Ungarn e Referendum ugekënnegt, an deem d'ungarescht Vollek gefrot gëtt, ob si dermat d'accord wieren, dass d'Sanktioune schlecht fir Ungarn wieren. E Meeschterstéck vu Populismus.

Fir den Impakt vun den Sanktiounen op Russland ze maximiséieren, koordinéiert d'EU dës enk mat hiren internationalen Partner, virun allem den USA, Kanada, Groussbritannien a Japan. Eng séllege Länner hu sech bis ewell deelweis oder komplett mat eise Sanktiounen alignéiert a weiderer wäerten dem Beispill nokommen. Mir wëssen, dass net all 193 UNO-Memberen dat maachen. Den Impakt vu Russland ass a ville Länner, politesch wéi och wat Waffeliwwerungen ugeet, ganz grouss.

Wat d' Effikassitéit vun de Sanktiounen ugeet, sou sinn **iwwer 17 Milliarden Euro bis well duerch d'Unioun agefruer ginn**, dovun iwwer 5,5 Milliarden Euro zu Lëtzebuerg. Den interministerielle Comité fir de Suivi vun de restriktive Mesuren am Finanzberäich mécht hei eng exzellent Aarbecht, wat d'Ëmsetzung vun de Sanktiounen um nationale Plang ugeet. Zesumme mam Wirtschaftsministère an dem Finanzministère hu mir an der Handelskummer en Helpdesk opgesat fir eis Entreprisen ze begleeden an ze guidéieren an dësem neien Ëmfeld an esou eng koherent an komplett Ëmsetzung vun de Sanktiounen sécherzestellen. Do huet deelweis Neiland misse betruede ginn an mir stin an enkem Kontakt mat der europäescher Kommissioun an och mat eise Partnerlänner fir eng koherent a robust Ëmsetzung vun de Sanktiounen um nationale Plang sécherzestellen an och Contournementer ze verhënneren.

**D'Sanktiounen hunn e konkreten Impakt op de Kreml an op d'russesch Elite déi de Krich ënnerstëtzen oder guttheeschen**. Trotz den héijen Pëtrol a Gasrevenuen, op déi Russland virun allem an den éischten Méint konnt zielen, erwaarden d'Weltbank an d'OCDE sech eng

Rezessioun a Russland tëschent 4,5 a 5,5% fir 2022 an tëschent 3,6 a 4,5% fir 2023. De russesche Finanzsecteur ass ausserdeem zolitt getraff ginn. Seng Kapazitéit, d'Ekonomie an der Zukunft ze stäipen, ass däitlech zréckgaangen. Doriwwer eraus ass d'Inflatioun mat 13% ganz héich. De federale Budget affichéiert zanter September en Defizit trotz den héijen Energie-Recetten.

Déi massiv Sanktiounen wäerte weiderhin d'strukturell Stabilitéit vun der russescher Wirtschaft beaflossen. Honnerten auslännesch Firmen, iwwer 1200 bis elo, zéien sech progressiv zréck aus dem Land. Domadder geet vill Know-how verluer an dat féiert zu engem grousse Produktivitéitsverloscht. Russland ka seng EU-Importer nëmme begrenzt duerch eege Produktioun oder Importer aus Drëttstaaten ersetzen, wat déi russesch Industrie massiv schwächt. Vill jonk a qualifizéiert Leit verloossen d'Land. Dat mënschlecht Kapital ass schwéier ze ersetzen. Den Embargo op Pëtrol a Pëtrolsprodukter, deen am Dezember 2022 respektiv am Februar 2023 a Kraaft trëtt, wäert den Handlungspillraum weider aschränken. Et wäert also nach méi schwéier ginn, de Krichseffort oprecht ze erhaalen.

**Et geet hei net drëms, déi russesch Bevëlkerung ze strofen**, ma déi, déi fir de Krich responsabel sinn, an hinnen hir Mëttele laangfristeg ze huelen.

Lëtzebuerg war vun Ufank un bei deenen, déi sech derfir agesat hunn, **iwwerluecht a beduecht** ze handelen. Mir hunn äis dofir agesat, dass mir déi Sanktiounen déi mir huelen, och op Dauer kënnen oprechterhalen, an dass se, wat Persounesanktiounen ugeet, virun der Cour de Justice vun der Europäescher Unioun stand halen.

Wa keen Alenke vu Russland kënnt, sinn awer weider Sanktiounen onëmgänglech. Wichteg wäert hei sinn, déi dach grouss **Eenheet déi mir bis ewell an der EU haten, oprecht ze erhaalen**. Dat ass eis richteg Stäerkt an déi dierfe mer net liichtfankeg op d'Spill setzen.

Lëtzebuerg huet sech och dofir agesat, d'Konsequenze fir onbedeelegt Drëttlänner esou kleng wéi méiglech ze halen. Der EU hir restriktiv Moossnamen **viséiere keng landwirtschaftlech Produkter** an enthalen explizitt Ausnamen, besonnesch a Bezuch op den Transport vun esou Produkter. Et ass also falsch ze behaapten, dass d'Sanktioune d'Liewensmëttel-Kris veruersacht hätten. Eleng dem Putin säi Krich ass doru Schold.

Esou wéi et ausgesäit, wäerten **d'Sanktiounen, déi mir geholl hunn, fir eng Zäit musse bestoe bleiwen**. Et ass och schwéier, sech den Ablack virzestellen, dass mir nom Enn vum Konflikt, bei all deene roude Linnen déi iwwerschratt goufen, erëm einfach kéinten do weiderfueren an eise Relatiounen mat Russland, wou mir opgehalen haten. Hei dierf een sech keng Illusioune maachen. Souguer wann de Putin a säi Regime eng Kéier net méi do sinn bleift Russland als gréisste Land vun der Welt um Globus dat mat äis de Kontinent deelt. Mir hunn äis an der EU dergéint ausgeschwat, dëst mat enger Majoritéit vu Memberstaaten, dass keng Visaë méi u russesch Leit ausgestallt géifen. Mir maachen dat weiderhinn ganz geziilt un éischter Stell fir dass Famillje aus Russland a Lëtzebuerg kënnen zesummekommen. Et gëtt och all Demande vu russesche Bierger, déi zu Lëtzebuerg Asyl froen, an eiser Prozedur zougeloss.

* * *

Mir sinn hei mat déifgräifende Verännerungen am Zesummeliewen ob eisem Kontinent konfrontéiert. Et ass déi gréissten Ëmwälzung an Europa zanter 1989, an déi mëttel- a laangfristeg Konsequenzen sinn nach net ofzeschätzen. Wéi esou dacks, droen sou Entwécklungen dozou bäi, Tendenzen déi et scho gouf, ze acceleréieren. An dësem Fall wäerten déi tragesch Evenementer an der Ukrain dozou bäidroen, **eis Ofhängegkeeten vu Russland ofzebauen**. Mir mussen an den nächste Méint alleguer weider un engem Strack zéien. Aus Solidaritéit mat der Ukrain, aus Solidaritéit mat deenen, déi un der Front fir hir Fräiheet a fir eis gemeinsam Wäerter kämpfen.

Deenejéinegen déi mengen, dass et eng Alternatif zu de Sanktioune gëtt, wëll ech dat hei soen: Mat engem Land dat sech esou zynesch a brutal géint dat internationaalt Recht a géint d'Mënscherechter wendt, mécht ee keng Geschäfter. Dat wier géint eis Waërter a géint alles fir wat mir als Lëtzebuerg an als EU stinn. Mir sinn hei solidaresch a bereet, de Präis ze bezuelen, fir dass dëse grujelege Krich an dat uergt Leide vun der Bevëlkerung an der Ukrain e séiert Enn kritt.

Et geet hei ëm souvill méi, wéi ëm eise Portmonni. **Lëtzebuerg steet op der richteger Säit vun der Geschicht, als verléisslechen, glafwierdegen a seriöe Partner** an der internationaler Staategemeinschaft dee bereet ass, seng Verantwortung ze iwwerhuelen, och a schwiregen

Zäiten. Dat ass woufir eis Diplomatie steet, daat ass woufir dës Regierung steet, an ech gesinn hei keng fundamental Differenz mat der grousser Majoritéit an der Chamber.

D'Regierung hëllt hir Verantwortung, fir de Leit hei zu Lëtzebuerg ënnert d'Äerm ze gräifen, fir mat der Inflatioun, der Deirecht vun den Energiepräisser, an anere Konsequenze vum Krich eens ze ginn.

Den aktuelle Konflikt huet och den **europäeschen Energiemaart** iwwert de Koup gehäit. Russland, sou wéi virdrun d'Sovietunion, war bis viru kuerzem ëmmer en zouverlässegen Energieliwwerant, onofhängeg vun de Spannungen an Differenzen, déi et iwwert déi verschidde Jorzéngte gouf. Dat louch och op der Hand, wann een sech déi europäesch Geographie ukuckt. Mä och an dësem Beräich si mir elo an engem Paradigmewiessel, och an dësem Beräich ass d'Kris en Accélérateur fir Changementer.

Et gëllt elo, esou séier ewéi méiglech **onofhängeg vu russesche fossile Brennstoffer ze ginn**.

Eng **Reduktioun vun eisem Energieverbrauch ass déi éischt an déi beschte Léisung** am Fall vun Energie-Enkpäss: kuerzfristeg kënne mir eis Gewunnechten upassen, wat d'Mobilitéit an och d'Hëtzen ugeet, doheem an op der Arbecht. Laangfristeg musse mer massiv an d'thermesch Renovatioun vun de Gebaier investéieren, esou wéi och a méi effizient industriell Prozesser déi net ofhängeg vu fossilen Energie sinn.

Lëtzebuerg huet sech fir déi europäesch Mesuren agesat, déi den Energieverbrauch reduzéiere wäerten; den "**Save Gas for a Safe Winter**" ass e Schlëssel-Element, fir déi aktuell Situatioun ze léisen. D'Kommissioun huet an deem Kader Mesuren a Recommandatioune proposéiert, fir eise Gasverbrauch koordinéiert ëm 15% ze reduzéieren.

Lëtzebuerg setzt sech op europäeschem Niveau och an fir en accéléreierten Déployement vun erneierbaren Energien, en Ligne mat de Proposen vun der europäescher Kommissioun am Plang REPowerEU.

Wa mer gesinn dass elo de **Gaspräis** sech stabiliséiert, respektiv fällt – op alle Fall um Gasmaart – da weist dat, dass Beweegung am gudde Sënn sech ofzeechent. D'EU wäert kollektiv Gas akafen an domadder e méi groussen Afloss op de Präis hunn. Alternativ Fournisseuren goufe fonnt. LNG-Kapazitéite ginn ausgebaut. D'Mechanisme vum Energie- a

Stroummaart ginn op de Leescht geholl. D’Energiekris ass bei Wäitem nach net iwwerstanen – de Wanter steet nach virun der Dir, an dee Wanter dono, an deen drop och. Mä Europa huet et a kuerzer Zäit fäerdeg bruecht, fir decidéiert ze handelen a Léisungen ze presentéieren. Daat ass net ëmmer einfach. D’Resultat ass, wat zielt. Eng Rei Froe stinn nach op, wéi zum Beispill de Gaspräisdeckel. Net einfach, hei ze tranchéieren, well den internationale Maart seng eege Gesetzuer huet. Flexibilitéit a Wäitsiicht sinn ubruecht.

Mä an a puer Joer kucke mer zréck a mer wäerte gesinn, dass d’Energietransitioun an Europa am Joer 2022 sou richteg an de Gang komm ass.

Am Zesummenhang mat der Energiesécherheet wëll ech ënnersträichen, dass eng séier Adoptioun vum ***Fit for 55*** Package, mat deem d’EU hir Klimaobjektiver wëllt ëmsetzen, eng vun eise beschten Äntwerten op d'Klimakris an déi aktuell Energiekris ass.

Mir wëlle rapid en Accord fir dee Pak erreechen, fir dass en esou séier ewéi méiglech en Impakt op eis **Klimaziler** fir 2030 kann hunn. Eng wichteg Tëschenetapp ass hei de 27. Oktober geholl ginn mam Accord iwwert d’Enn vun de Verbrennungsmotoren am Joer 2035. Ech wëll awer ënnersträichen, dass mir d'Qualitéit vum Pak net sacrifiéiere wäerten, just fir d’Verhandlunge séier ofzeschléissen. Dëse Pak muss eng Äntwert op d'Klimaambitioun vun der EU sinn, an eng Ëmwelt-Integritéit garantéieren, déi irreprochabel ass. An deem Sënn wäerte mir äis och asetze fir e staarkt Signal op der **COP27,** déi virgëschter zu Charm el-Cheikh ugefaangen huet. En anere wichtege Rendez-Vous wäert d’Biodiversitéits-COP, am Dezember zu Montréal, sinn.

An deem Kontext, a spezifesch wat de Kampf géint d’Deforestatioun ugeet, hoffe mir, dass d’Wal vum Präsident Lula a Brasilien virun e puer Deeg erlabe wäert, besser op deene grousse Klima-Dossieren weider ze kommen. **Dem Lula seng Wal**, och wann se méi knapp war, wéi virausgesot, ass eng gutt Nouvelle fir de Rescht vun der Welt, op där et elo een Autokrat manner gëtt, an eng gutt Nouvelle fir den Amazonas a fir eise gemeinsamen Effort géint de Klimawandel.

An eisen Aen **ass Atomenergie eng schlecht Léisung**, ze geféierlech, ze deier, ze lues, a virun allem net nohalteg an hirer Ëmsetzung, an eppes, woumat mer déi kommend Generatiounen mam ongeléiste Problem vum Atom-Offall schwéier belaaschten. Duerfir ënnerstëtze mir och

d’Klo vun Éisträich beim Europäesche Geriichtshaff géint den delegéierten Akt vun der soi-disant grénger Taxonomie.

Spéitstens zanter der COVID-Pandemie ass och d’Wichtegkeet vun eisem **Europäeschen Bannemarkt**, deen dëst Joër säin 30. Gebuertsdag feiert, erëm méi an den Zentrum vun der Opmierksamkeet geréckelt. Opgrond vun eise véier Grondfräiheeten ass de Bannemaart ouni Zweiwel eng vun de fundamentaalste Viraussetzunge fir eis europäesch Eenheet zanter 1992, an e Garant fir eise wirtschaftlechen Erfolleg - bannent Europa an dobaussen an der Welt. Ech mengen, ech ka soen, dass d’Wirtschaft an d'Politik dës Ausso gläichermoossen deelen.

Mä déi ganz Wourecht ass, dass dat **d’Potenzial vum Bannemaart nach ëmmer net ganz genotzt gëtt** an eng weider Verdéiwung dréngend néideg ass. D'Integritéit vun eisem gemeinsame Maart, deen an der Pandemie schwéier ënner Drock komm war, an déi aktuell Stéierungen an de Wäertschöpfungsketten, ënnersträichen d'Noutwendegkeet vun engem méi déiwen an integréierten Bannemaart ëmsou méi. Wa mir vu Resilienz vun eiser Wirtschaft schwätzen, da musse mir mam Bannemart ufänken.

Déi speziell Situatioun vun eisem Land – geographesch, sozial a wirtschaftlech – mécht **Lëtzebuerg traditionell zu engem vun de gréisste Verfechter** vun engem richteg integréierte Bannemaart an Europa.

D’Entrepreneuren zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun si sech dem Potenzial vun de Grenzregioune bewosst, a wëssen, wéi wichteg **e Bannemaart** ass**, dee funktionnéiert**, fir de grenziwwerschreidenden Handel an den Aarbechtsmaart. Besonnesch fir kleng a mëttelgrouss Betriber ass et en enormen Effort, mat 27 dacks ënnerschiddlechen nationale Gesetzer konform ze sinn.

Lëtzebuerg setzt sech zanter Jore fir eng **maximal Harmoniséierung a géigesäiteg Unerkennung** an. Dofir wëlle mir méi Effizienz a manner zousätzlech Käschten duerch manner national Derogatiounen, déi den Zougang zum Maart fir Liwweranten aschränken. Am Kader vun eiser Benelux-Présidence dëst Joer setze mir äis awer och fir eng weider Ofsenkung vun den territoriale Limitatioune vun der Offer am Bannemaart an.

Mir wieren äis och, zesumme mat e puer anere Memberstaaten, géint déi ëmmer méi heefeg Versich, fir nei Hürden opzebauen. Bannent der EU war Lëtzebuerg dat Land mat dem héchsten Undeel vun den Intra-EU Exporter am Joer 2020: 80% vum Lëtzebuerger Wuerenexport si bannent der EU bliwwen.

Fir dass Europa op der internationaler Bün handele kann, brauche mer en oppenen an nohaltege Wirtschaftsmodell, dee virun allem op engem staarken Netz vun internationalen Handelspartnerschaften baséiert, an dofir och op engem staarke Bannemaart. Nëmmen esou kënne mir d'**Resilienz vun eiser europäescher Wirtschaft** stäerken, an eis Ofhängegkeet vu strategesch wichtege Produkter reduzéieren.

Grad d'Coronakris huet bewisen, wéivill mer als Unioun op äis selwer ugewise sinn, op e Bannemart dee funktionnéiert, an op oppe Grenzen. Och eis **grenziwwerschreidend Kooperatioun** ass däitlech gestäerkt aus der Kris erauskomm a wäert och dës weider Kris meeschteren duerch Kooperatioun a Solidaritéit, an dat mam Wuelsinn vun de Bierger am Mëttelpunkt.

* * *

Mir sin den Ament op internationalem Plang mat enger Rei vun Entwécklungen konfrontéiert, déi de fundamentale lëtzebuergeschen Interessien zuwidder lafen. Do musse mir géigesteieren. D'Kris vum Multilateralismus, déi geopolitesch Spannungen, an d'Versuchung vu wirtschaftlechen Ofkopplungen bréngen de **regelbaséierten Handelssystem** zanter e puer Joer a Gefor. D'COVID-19 Pandemie an hiren Impakt op Wäertschöpfungs- a Liwwerketten, an natierlech de Krich an der Ukrain, hunn dat just méi schlëmm gemaach.

Den Impakt deen déi russesch Agressioun op d'Liewensmëttelexporter aus der Ukrain huet, an d'Debatten iwwert d'europäesch Energieautonomie illustréiere perfekt d'Konsequenzen, déi Kricher op en internationale Handelssystem hunn, deen d'Entwécklung vum internationalen Handel als Basis fir de Wuelstand vun den Natiounen virgesinn hat. An deem Sënn si mir als Europäer ouni Zweiwel e bëssen naiv gewiescht. Well mir dru gegleeft hunn, dass och eis Partner rational géifen denken an handelen, zum Wuel vun hire Bierger an Entreprisen.

Dat internationaalt Klima ass allgemeng an de leschte Jore méi rau ginn. Deem huet d'EU sech missen upassen a reagéieren, fir eis Wirtschaft an eis Entreprisen besser ze schützen virun Acteuren déi heiansdo net nëmmen no renge Wirtschaftsintérêten handelen. Am Kader vun hirer **neier Handelspolitik** wäert d'EU also an Zukunft hier Interessiën méi selbstbewosst virundreiwen.

Dofir ass an der EU e Kader geschafe ginn fir d'Iwwerpréiwung vun **auslänneschen Direktinvestissementer** fir sécherzestellen dass dës net d'Sécherheet an déi ëffentlech Uerdnung a Gefor bréngen. Aus deem selwechte Gronn gëtt och en neit Rechtsinstrument geschaf fir **Zwangsmoossnahmen** vun Drëttstaaten ofzewenden an ze konteren. Wat eisen nationale Projet de loi fir d'Iwwerpréifung vun auslänneschen Direktinvestissementer ugeet, sou gëtt den Ament nach de Remarke vum Staatsrot Rechnung gedroen. Den iwwerschafften Text wäert der Chamber deemnächst virgeluecht ginn an ech sinn iwwerzeecht, dass mir dann deemnächst och hei an der Chamber concluéiere kënnen.

Dës Initiative wäerten et méiglech maachen, **eis Betriber an eis Wirtschaft besser ze schützen géint déi, déi den Handel als Waff** géint eis Sécherheet wéilte benotzen oder äis hir Positiounen wéilten opzwéngen. Mir ënnerstëtzen net nëmmen dës Instrumenter mä och d'Initiativen vun der Europäescher Kommissioun fir eng méi gerecht Behandlung vun europäesche Firmen vis-à-vis vun auslänneschen Entreprisen ze garantéieren, wann déi Entreprisen sech net un déi selwecht Spillreegelen halen, virun allem wann se um Bannemaart operéieren.

Mir ënnerstëtzen dës nei EU Approche, déi d'Transparenz an d'Diversifizéierung vun eise Liwwerketten assuréiert, andeems eis strategesch Ofhängegkeeten och identifizéiert an reduzéiert ginn. Daat setzt allerdéngs och viraus dass mir gläichzäiteg eis international Handelspartnerschaften stäerken a weider ausbauen, virun allem mat deenen, déi wéi mir um **reegelbaséierten internationalen Handelssystem** festhaalen. Nëmmen esou kënne mir eis wirtschafltech Entwécklung weider garantéieren an d'Ëmsetzung vun der duebeler grénger an digitaler Transitioun weiderbréngen, fir déi mir wichteg Réistoffer brauchen.

Lëtzebuerg setzt sech demno dofir an op EU-Niveau d'Versuergungssécherheet ze stäerken an eng technologesch Féirungsroll auszebauen, esou wéi dat zum Beipsill mam europäeschen

Chip-Gesetz ugeduecht ass. An dëser konstruktiver Demarche stäipe mir äis op déi staark Fundamenter, déi mir schonn an der EU hunn, fir **technologesch Exzellenz** weider auszebauen an eis laangfristeg Widderstandsfäegkeet a sensibele Beräicher ze garantéieren. Et geet also drëm, en delikat Gläichgewiicht an dëser verännerter Welt ze fannen.

An der aktueller ugespaantener geopolitescher Lag brauche mir net nëmme sécher Liwwerketten, ma mir mussen och garantéieren dass d'Produkter déi um Bannemart ugebuede ginn, nohalteg hirgestallt goufen. Si mussen net nëmmen eise Regelen an Normen entspriechen, mä och mat eise Wäerter am Aklang stoen. Dofir huet Lëtzebuerg sech och op EU Niveau fir eng **Stäerkung vun de Mënscherechter am Beräich vum internationalen Handel** agesat. Et ass net zulescht wéinst eisem Engagement dass mir elo endlech e Projet vun enger Directive iwwert d'**Nohaltegkeetspflichten fir Entreprisen** um Dësch leien hunn. D'Négociatiounen zu dëser Direktivpropositioun lafen op Héichtouren zu Bréissel. Lëtzebuerg bedeelegt sech aktiv un dësem Prozess. Mir hu gemeinsam Positioune festgeluecht tëschent Ministèren, déi concernéiert sinn. Et ass mir wichteg, dass Lëtzebuerg hei net d'Geleeënheet verpasst, ambitiéis Ziler op EU Niveau festzeleeën.

D'Haapt-Linne vun eiser Positioun sinn déi hei :

1. Mir engagéieren äis fir ee Projet, deen sech esouwäit ewéi méiglech op **déi international Normen an Standarden alignéiert**.
2. Ee Projet, deen en effektiven Accès zur Justiz garantéiert, beispillsweis duerch ee Renversement vun der Beweislaascht zugonschte vun de méiglechen Affer. Mir wëllen eng staark Protektioun vun den Affer!
3. Lëtzebuerg ass fir eng **Kontroll *en amont* an *en aval***, also vun der ganzer „chaîne de valeur", mat engem Fokus do wou d'Risiken am gréissten sinn.
4. De Spezifizitéite vum **Finanzsekteur** muss korrekt Rechnung gedroe ginn an der Direktive. An deem Sënn froen eng Rei EU Länner, dass **d'Fongen aus der Direktive sollen ausgeschloss** ginn. Mir ënnerstëtzen dës Positioun.
5. Mir ënnerstëtzen **souwuel eng administrativ wéi och eng zivilrechtlech Responsabilitéit** vun den Entreprisen.
6. Lëtzebuerg ass fir d'Designatioun vun nationale Kontrollautoritéiten an d'Schafung vun engem europäeschen, dezentraliséierte Koordinatiounsreseau.

7. Wat d'Zuel vun den Entreprisen betrefft, déi vun der Direktiv viséiert solle sinn, ënnerstëtze mir d'Seuilen, déi vun der Kommissioun proposéiert gi sinn a mir bleiwen oppen an der Diskussioun heiriwwer.

An där selwechter Logik ënnerstëtze mir och d'Propositioun fir e Règlement wat Produkter, déi duerch **Zwangsaarbecht** hirgestallt goufen, um europäesche Bannemart verbidde wäert.

Heimadder wëlle mir och dozou bäidroen, eis Standarden dobaussen an der Welt ze promouvéieren an eis international Handelsbezéiungen ob där Basis weider ze stäerken an auszebauen.

Mir sollen äis näischt virmaachen: dës Initiative wäerten zwar den internationalen Handel besser encadréieren, mä et soll een sech net erwaarden dass Länner, déi eis Wäerter net deelen, hiert Verhalen iwwer Nuecht änneren. Ech hoffen awer, dass d'Normen, zu deenen eis Betriber verflicht wäerte sinn an hire Relatioune mat auslännesche Länner - fir zréck op d'Suergfaltspflicht ze kommen - sech verbreede wäerten andeems se der Welt weisen, dass en aneren Handel méiglech ass.

* * *

Wa mir eng Virbildfunktioun wëllen anhuelen, da musse mir och kucken, dass an der Unioun selwer déi fundamental Prinzipien a Rechter an enger Demokratie net a Fro gestallt gin. De **Respekt vun der Rechtsstaatlechkeet** a vun eisen demokratesche Wäerter garantéiert Sécherheet an e friddlecht Zesummeliewe. D' Europäesch Unioun als grousse Friddensprojet huet dëst als Zentral-Missioun. Ween d'Justiz, d'Press an d'Zivilgesellschaft un d'Kette leet, deen ass wäit ewech vun den europäesche Wäerter, an dee seet un de Grondwäerter vun eiser gemeinsamer Unioun. Dëst geet äis also alleguer un, a mir kënnen net einfach ewechkucken. Grad elo geet et drëms, keen Zweifel opkommen ze loossen, fir wat mir an Europa stinn. Dat ass genee de Géigendeel vun deem, fir wat d'Russland vum Här Putin steet. Dat muss fir jidferee kloer sinn an hei duerf et keng Ambiguitéite gin, néierens uechter Europa.

An deem Sënn goufen dofir och an de leschte Joren Instrumenter ausgeschafft déi fir de **Respekt vun der Rechtsstaatlechkeet** suerge sollen. Mat der sougenannter Artikel 7 Prozedur

engersäits, also der Prozedur vum Entzuch vum Stëmmrecht vun engem Land am Conseil des ministres, hoffe mir, dass Polen an Ungarn erëm ob de richtege Wee zréckfannen, och wann een dofir vill Gedold muss hunn. Anerersäits ass de Konditionalitéitsmechanimus fir den EU-Budget ze schützen elo eng éischte Kéier an den Asaz komm am Fall vun Ungarn. Konkret heescht dat, dass Ungarn riskéiert den europäesche Finanzkrunn zougedréint ze kréien, wann et net d'Kéier kritt a Saache Rechtsstaatlechkeet.Et kann net sinn, dass Suen a Memberstaate fléissen, déi d'Wäerter vun der EU ignoréieren. Hei huet Lëtzebuerg, zesumme mat senge Benelux-Partner, dofir plädéiert, dass d'Kommissioun konkret Analysen zu den ugekënnegte Mesure vun Ungarn maache wäert, fir dass mir gesinn, wat Ungarn wierklech bereet ass, ze maachen. Dat ass néideg fir dat Vertrauen wat an de leschte Jore verluer gaangen ass, erëm hirzestellen.

* * *

De Krich an der Ukrain huet och eng nei Dynamik an den **EU-Erweiderungsprozess** bruecht. Den 23. Juni 2022 kruten d'Ukrain an d'Republik Moldawien den EU-Kandidatestatus, mat der Erwaardung dass eng Rei Reformprozesser séier ëmgesat ginn. Georgie krut eng Perspektiv op den EU-Kandidatestatus, wann eng Rei Konditioune erfëllt ginn. Dëst sinn historesch Decisiounen! Heimadder sinn eng Rei Weiche fir d'Zukunft vun der EU gestallt ginn, a mir duerfen d'Bedeitung heivunner net ënnerschätzen.

Der **Ukrain eng europäesch Perspektiv** ze ginn war e wichtegt, e richtegt, Signal un d'ukrainesch Bevëlkerung. E Signal, dat a senger Symbolik net ze ënnerschätzen ass. Natierlech si mir äis bewosst dass d'Ukrainer den Ament aner Suergen a Prioritéiten hunn an net vun haut op muer kënnen déi déifgräifend Reformen op de Wee bréngen, déi verlaangt sinn am Kader vum Adhesiounsprozess. Mä trotz de schwiregen Ëmstänn schaffen d'ukrainesch Autoritéiten un der Ëmsetzung vun dëse Reformen a si kënnen dobäi op déi néideg Ënnerstëtzung och vu Lëtzebuerg zielen.

**D'Critèren, fir Member vun der EU ze ginn**, sinn zanter laangem bekannt a si fir all Kandidaten déi selwecht. Et ass en transparente Prozess, deem seng Vitess vun de Regierungen an de Kandidateländer gesteiert gëtt. Wat d'Reformen éischter ëmgesat ginn, wat een enger Memberschaft éischter méi no kënnt.

An deem Sënn war **Nordmazedounien** leider eng Ausnahm. Obwuel all déi néideg Reformen ëmgesat waren, sinn si wéinst engem bilaterale Problem dru gehënnert ginn, fir d'Verhandlungen iwwert hiren EU-Bäitrëtt unzefänken. Dëst schuedt der Glaafwierdegkeet vun der EU an duerf net méi virkommen. Lëtzebuerg huet sech dofir agesat, dass d'Verhandlungen mat Nordmazedonien an Albanien lancéiert konnte ginn, a mir begréissen, dass endlech déi éischt Regierungskonferenzen den 19. Juli 2022 zu Bréissel konnte stattfannen.

Lëtzebuerg wäert weiderhi säin Deel dozou bäidroen, fir d'EU-Wäerter a Prinzipien am westleche Balkan ze verankeren. Mir ënnerstëtzen heifir d'Zivilgesellschaft an deene Länner. Mir wäerten och weiderhinn **virun allem déi jonk Leit, déi mat hire Länner an d'EU wëllen, motivéieren**. Esou hu mir och 2022 de Länner am westlechen Balkan eis technesch Ënnerstëtzung – a Form vu Formatiounen an Expertise – ugebueden, esou wéi Stipendien fir Studien am EU-Recht. Mir hëllefen hinnen esou bei der Aféierung an Ëmsetzung vum Acquis communautaire.

Wéi de rezente Rapport iwwert d'Erweiderung vun der Europäescher Kommissioun gewisen huet, bleiwen d'Fortschrëtter ënnerschiddlech an deene verschiddene Länner, virun allem wat d'Ëmsetzung vun de fundamentale Reformen ugeet. Hei wäerte mir äis fir e strikte Respekt vun de Critèren asetzen.

Mä och hei kënne mir déi aktuell geopolitesch Situatioun net ausser Uecht loossen. Mir duerfen net zouloossen dass Acteuren, déi eis Waërter net deelen, d'Fortschrëtter déi an de leschte Jore gemaach goufen, a Fro stellen. An deem Sënn gouf och **Bosnien-Herzegowina** opgefuerdert, e kloert Signal ze setzen, fir dass d'EU deem Land och de Status vum Kandidat kann zougestoen, hoffentlech nach virum Enn vum Joer.

Wat de **Kosovo** ugeet, e Land mat deem äis jo eng besonnesch enk Partnerschaft verbënnt, ënnerstëtze mir d'Recommandatioun, déi néideg Schrëtt ze huelen, fir Visa-Liberaliséierung z'erméiglechen. De Kosovo huet gemaach wat gefuerdert gouf, a mir sollten de Bierger vum Land e klore Message schécken, dass esou Ustrengungen sech och bezuelt maachen.

Et goufe vill Efforte gemaach am Kader vum **EU-facilitéierten Dialog tëschent Serbien a Kosovo**. Déi aktuell ganz geféierlech Spannungen rondrëm d'Autosplacken mussen ophalen a béid Säite sollte sech un dat halen, wat am Kader vun deem Dialog festgehale gouf.

Virun allem déi lescht 9 Méint hu kloer gemaach, wéi wichteg de Balkan fir d'Sécherheet vun Europa ass. Gläichzäiteg ass och ganz kloer, wat d'EU vun de Kandidatelänner erwaart: eng integral Ausriichtung op der EU hir gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik. Wann d'Kandidate wëlle kredibel sinn a virukommen op hirem Wee an d'EU, da féiert näischt laanscht en **Alignement op d'europäesch Aussepolitik, an dat gëllt och fir d'Sanktioune géigeniwwer Russland**.

Déi nei Entwécklungen am Erweiderungsprozess bréngen äis an eng ganz aner Situatioun wéi nach virun engem Joer. Et ginn elo 10 Länner déi entweder de Kandidatestatus hunn, oder eng Perspektiv fir dësen ze kréien. Wat bedeit dat fir eng Europäesch Unioun mat potentiell 37 Memberstaaten? Wéi kann esou eng **erweidert Unioun** nach mat den aktuelle Reegele funktionéieren? Hei muss an den nächste Joren no Léisunge gesicht ginn.

Mir mussen op alle Fall weiderhinn op dat richtegt Gläichgewiicht tëscht dem EU-Erweiderungsprozess an dem **EU-Integratiounsprozess** oppassen, dat Horizontaalt mat dem Vertikalen ofweien. Dëst ass e kontinuéierleche Prozess, an deem mir et äis net leeschte kënnen, Ofkierzungen ze huelen.

Lëtzebuerg, als Grënnungsmember vun der EU, setzt sech dofir an dass **d'DNA vun der Europäescher Unioun** erhale bleift. Zesumme mat eise Partner wäerte mir an den nächsten Etappen oppassen, dass eis Prinzipien a Wäerter net verwässert ginn. D'Erfarungen aus de leschte Joren hunn äis gewisen, dass éischter méi, wéi manner, muss opgepasst ginn, wat d'Ëmsetzung an de Beräicher Rechtsstaatlechkeet, gutt Gouvernance, Onofhängegkeet vun der Justiz, Kampf géint d'organiséiert Kriminalitéit a Kampf géint d'Korruptioun ugeet.

Et stellt sech och d'Fro vun der **Absorptiounskapazitéit** vun der Unioun. D'Fro, wéi eng erweidert EU konkret am Alldag funktionéieren soll a wéi si weiderhinn hir verschidde Politikberäicher finanzéiere kann. Dës Diskussioun muss gefouert ginn, wa mir wëllen dofir suergen, dass d'EU weider esou effizient wéi et geet ka schaffen. Mir si prett, méiglech Upassungen z'ënnerstëtzen, déi am Interessi vun der EU a vu Lëtzebuerg sinn.

D’**Konferenz iwwert d’Zukunft vun Europa** huet hei eng Rei Virschléi ausgeschafft, mat deenen sech elo wäert eeschthaft auserneegesat ginn. E groussen Deel vun de Virschléi vun den europäesche Bierger kënnen op Basis vun de bestoenden europäesche Verträg ëmgesat ginn a si schonn – oder wäerte geschwënn – Thema vun enger europäescher Gesetzgebung sinn.

D’Regierung ass net iwwerzeegt, dass en **Europäesche Konvent, also Traitésännerungen unzegoen,** zu dësem Ament de beschte Wee wier. Ënnert den aktuellen Ëmstänn, wa mir d’politesch Situatioun an de Memberstaate kucken an d’Erausfuerderungen déi de Krich an der Ukrain mat sech bréngt, sinn d'Risiken ze grouss, virun allem d'Gefor, dass ee Konvent net zu engem zefriddestellende Schluss kéim. Et gëllt, déi politesch Konsequenze vun deene successive Krisen zanter 2008 – d’Finanzkris, d’Migratiounskris an d’Covid-Pandemie - net ze ënnerschätzen. Mir kënnen net d’Aan zoumaachen, wann **nationalistesch a rechtsextrem Kräften nees an Europa erwächen**. Dat si Realitéiten, déi mir net ignoréiere kënnen. Ass dat dee beschten Ament fir eis europäesch Verträg opzemaachen? Mir duerfen hei den europäesche Besëtzstand net liichtfankeg ob d’Spill setzen.

D’Fuerderung no engem Konvent stoung och net am Mëttelpunkt vun den Diskussioune mat de Bierger, deenen éischter u konkrete Verbesserungsvirschléi läit, wéi un interinstitutionnellen Diskussionen. D’Bierger wëllen awer, dass d’EU méi einfach kann Decisiounen huelen, an am Rapport vun der Konferenz gouf ënnert anerem festgehalen, a verschiddene Fäll d’Modalitéite vun den Ofstëmmungen am Rot esou ze änneren, sou dass amplaz vun engem eestëmmege Vott e Vott mat qualifizéierter Majoritéit méiglech gëtt.

Am Koalitiounsaccord ware mir äis am Prinzip eens ginn, dass Lëtzebuerg **Ofstëmmunge mat qualifizéierter Majoritéit** an der gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik aktiv ënnerstëtze géing. Mir sti weiderhinn zu där Positioun. D’Qualifizéiert Majoritéit ass awer bei wäitem keng Wonnerléisung an alle Beräicher, dat hu mir och an de leschte Méint an den Diskussiounen op europäeschem Niveau am Energieberäich gesinn. Dofir musse mir an dëser Diskussioun virsiichteg sinn, an oppassen, dass aner Memberstaaten net probéieren, sech “à la carte” ze zervéieren. Mir hunn dat gesinn an der Diskussioun ëm de Gaspräisdeckel. Dat heescht, wann et ee Punkt vun essentiellem Interessi fir dat eent oder anert Land ass, da soll d’QMV nees an den Tirang geluecht ginn, fir der Eestëmmegkeet nees Plaz ze maachen.

Als Grënnungsmember an als Land dat sech déi europäesch Integratioun matzen op de Fändel geschriwwen huet ass et wichteg, dass mer weiderhinn d'EU Integratioun als eppes fundamental Positives gesinn, ouni natierlech eis national Interessien als klengt Land an engem verännerten Ëmfeld ze vergiessen. An där Logik schaffe mir och weider aktiv un eiser Siège-Politik, fir Lëtzebuerg als eng vun den dräi Haaptstied vun der EU weider ze stäerken an ze entwéckelen.

Fir un de **70. Anniversaire vun der éischter Versammlung vun der "Héijer Autoritéit" vun der CECA** z'erënneren, huet den Collège vun den Kommissären am Juli hir wëchentlech Réunioun ze Lëtzebuerg organiséiert - an zwar genee an deem Sall vun der Stad Lëtzebuerg, an deem di Héich Autoritéit sech viru 70 Joer versammelt hat.

Lëtzebuerg ass och houfreg, dass den **Europäesche Geriichtshaff dëst Joer seng 70 Joer am Land feiert**. Den neien Europäesche Parquet spillt och eng zentral Roll bei der Verdeedegung vun der Rechtsstaatlechkeet. Mir kënne et nëmme begréissen, dass den Europäesche Parquet dëst Joer weidert héichspezialiséiert Personal rekrutéieren konnt. D'Cour d'appel an de Greffe vun der d'Juridiction unifiée du brevet (JUB) wäerten d'nächst Joer dozou bäidroen de juristesche Pilier zu Lëtzebuerg weider auszebauen.

Am **Finanz-Beräich koum déi gutt Nouvelle, dass de Global Green Growth Institute (GGGI) e regionale Bureau ze Lëtzebuerg opmécht** an doduerch eis Positioun un der Spëtzt vum Peloton fir nohalteg Finanzen festegt.

Am drëtte grousse Pilier vun eiser Siège-Politik, dem **Digital-Beräich**, huet den Internationalen Comité vum Roude Kräiz, de **CICR, décidéiert fir hir weltwäit alleréischt "Delegatioun fir de Cyberspace"** zu Lëtzebuerg opzemaachen.

* * *

Et ass  wichteg fir äis, dass de **franséisch-däitsche Motor** gutt funktionéiert an net un d'Houschte kënnt an et weiderhi fäerdeg bréngt, déi néideg Impulser ze ginn fir virunzekommen. Et geet den Ament vill Rieds dovunner, dass de **Gravitéitszentrum vun der EU** amgaange wier, sech ze verlageren. A menger Erfahrung war et nach ëmmer esou, dass déi Länner, déi konkret Proposen gemaach hunn fir d'EU als solch virunzebréngen, och déi

waren, déi am meeschten Afloss haten. An der Praxis bis elo also meeschtens Däitschland a Frankräich, mä och de Benelux, dee mir dëst Joer presidéieren, huet iwwert seng Geschicht oft eng Pionnéier-Roll an deem Kontext bewisen. Méi wichteg wéi iwwer d'Gravitatiouns-Léier ze diskutéieren ass et, sécherzestellen, dass mir an der aktueller Situatioun den Iddië vun de Grënner vun der EU kënnen trei bleiwen a keng Kompromësser maachen, wat eis Wäerter ugeet. Wann enges Daags d'Ukrain Member vun der EU ass, an all d'Länner vum Balkan, dann ass et evident, dass de Schwéierpunkt sech an den Oste verlaagert. Dat ass elementär Mechanik. Wat da wichteg ass, dat ass, dass d'Wäerter sech grad sou a Richtung Osten ausbreeden, fir dass mir keng zwou Zorten EU kréien. Dem Rumsfeld seng Vue vun 2003 vum **alen an neien Europa** däerf duerch eng spéider Ost-Erweiderung net nei legitiméiert ginn.

* * *

Déi **aktuell europäesch Sécherheetsarchitektur** ass eng iwwergräifend Konstruktioun déi op deenen **10 Prinzipien** opgebaut ass, déi 1975, mat der Sovietunioun zesummen, an der **Schluss-Akt vun der Konferenz vun Helsinki**, am Kader vun der heiteger OSZE, festgeluecht goufen. Zu deene fundamentale Prinzipien gehéieren och **d'Demokratie an de Respekt vun de Mënscherechter**. En Equiliber tëschent de Staaten ass nëmme méiglech wann op Gewalt verzicht gëtt a keng Grenze verletzt ginn. Geschwënn kritt déi Schluss-Akt 50 Joer. Si bleift esou pertinent wéi den éischten Dag. Mat sengem Krich an der Ukrain huet Russland all eenzelne vun deenen 10 Prinzipie verletzt, ugefaang mat deem alleréischten, deem vun der **souveräner Egalitéit** vun de Staaten a vum **Respekt** vun de Rechter, déi d'Souveränetéit mat sech bréngt.

Zanter dem Ufank vu senger Invasioun huet Russland all Dag onschëlleg Liewen um Gewëssen, a mécht irreparabele Schued. Russland huet bewosst den Equiliber vun deem äis Sécherheet ofhänkt, fundamental iwwert de Koup gerannt. Eis Positioun zu Lëtzebuerg ass kloer: Mir kënne **keng „à la carte" Sécherheetsarchitektur** akzeptéieren, wou déi mënschlech Dimensioun vun der Sécherheet ignoréiert géif.

Mir hunn iwwer Joren mat Russland un deenen dräi Piliere geschafft, op deenen eis Sécherheetsarchitektur gegrënnt ass, Sécherheet, Demokratie a Mënscherechter.

Fir Sécherheetsfroe souzen mir mat de Russen zesummen an der **OSZE, genau wéi am NATO-Russland Rot**. Do sollt Vertraue geschaf ginn. Do sollt Transparenz derbäi hëllefen, sech géigesäiteg net als Menace ze gesinn.

Fir d'Verdeedegung vun der Demokratie a vun de Mënscherechter souzen mir zesummen am **Europarot**. Déi Zäite vu Kooperatioun si fir den Ament eriwwer. Russland ass aus dem Europarot ausgetrueden. An der OSZE blockéiert Russland den normale Fonktionnement komplett, ugefaang mam Budget. **Russland huet all Kredibilitéit als Partner verluer**, an ass souwisou net bereet seriö ze diskutéieren.

Do stellt een sech d'Fro: **wéi soll et weidergoen**? Wéi gesäit d'Sécherheetsarchitektur vun Europa an den nächste Joren aus? Fir et kuerz ze maachen ass d'Äntwert: **"méi NATO a méi Europäesch Union"**. Dat war schon d'Äntwert an den 90er Joren fir déi nei onofhängeg Länner aus Osteuropa. Dat ass elo och nees d'Äntwert, fir ganz Europa. Mam Bäitrëtt vu Finnland a Schweden kënnt neie Wand an d'NATO. Virun e puer Joer hate mer d'NATO bal fir doud erklärt. Haut erliewt se scho bal eng nei Jugend. D'Diskussioun iwwert Zweck an Notze vun der NATO ass vum Dësch.

**D'NATO ass am russesche Krich géint d'Ukrain keng Krichspartei**. Si spillt eng wichteg Roll an der Ënnerstëtzung vun der Ukrain. Virun allem huet fir d'NATO-Alliéiert déi kollektiv Verdeedegung eng nei Wichtegkeet kritt. De Bündnisfall, ënnert dem Artikel 5, bleift déi fundamental Garantie op déi mir äis kënne stäipen : ee bewaffneten Ugrëff géint ee Member vun der NATO ass en Ugrëff géint se all.

Duerch de Krich an der Ukrain huet **d'Europa vun der Verdeedegung, bal noutgedrongen, méi Profil kritt**. „Strategesch Autonomie" ass keen Tabu méi, et ass eng Necessitéit, an der Verdeedegung sou gutt wéi a ville wirtschaftleche Beräicher. Et gëtt aktiv un gemeinsamen europäesche Waffesystemer a Verdeedegungstechnologie geschafft. Dat autonomt Europa ass **komplementär zur NATO**, dat huet dës Kris bewisen: D'NATO stellt d'Défense an d'nuklear Ofschreckung vun der Allianz sécher. D'EU mécht hirersäits wirtschaftlechen Drock op Russland, a baut hir Verdeedegung sou op, dass d'NATO sech kann op d'Ofschreckung konzentréieren. D'EU ënnerstëtzt d'Ukrain militäresch, grad ewéi humanitär a beim Nees-Opbau, a Beräicher, wou d'NATO keng Instrumenter huet.

* * *

Erlaabt mer hei, kuerz e Wuert ze soen zu den **nukleare Menacen**, déi de Vladimir Putin ëmmer nees, méi oder manner oppen, ausschwätzt. Do muss äis ganz kloer bewosst sinn, dass dëse **russesche Krich och e Geschäft mat der Angscht ass**. Et ass eng Tentativ, äis am Westen auserneen ze dreiwen, äis fäerten ze doen, fir sou eis Solidaritéit mat der Ukrain ze briechen. An dësem Moment, wou Russland op der Front relativ schwaach do steet a probéiert, mat alle Mëttelen iwwert de Wanter ze kommen, schéngt et och drëms ze goen, mat ëmmer weideren Eskalatiounen Verhandlungen ze erzwéngen – no Termen, déi Russland diktéiert – wat natierlech auszeschléissen ass.

Russland, mat deenen anere véier Nuklearmuechten aus dem UNO-Sécherheetsrot, huet eng Erklärung ugeholl, dass **en nukleare Krich net ze gewannen ass, an ni dierf gefouert ginn**. Mir mussen dervun ausgoen, dass Russland sech un déi ongeschriwwe Gesetzer hällt, déi et hei tëschent Nuklearmuechte gëtt. Um Terrain deit näischt drop hinn, dass Russland amgaange wier, taktesch oder strategesch Atomwaffe prett ze maachen. An och wa mir déi Dreeung natierlech musse ganz seriö huelen, an d'NATO och zu all Moment op sou e Schlag preparéiert ass, sou dierfe mir äis awer net dovunner verschotere lossen. De Putin hätt jo näischt léiwer, wéi wa westlech Regierunge géifen ophalen, d'Ukrain ze ënnerstëtzen, well hir Leit eng grouss Angscht virun de russeschen Atomwaffen hätten.

**D'OSZE an den Europarot bleiwe wichteg Elementer** vun der Sécherheetsarchitektur. Am Europarot musse Länner, déi sech fréier heefeg hannert Russland konnte verstoppen, elo kloer Faarf bekennen. **Dës Kris schweesst Europa am méi breede Sënn zesummen**. Dat konnt een och feststellen um éischte Sommet vun der neier **"Communauté politique européenne", der europäescher politescher Gemeinschaft**, de 6. Oktober zu Prag, an där 44 Länner aus Europa zesummekomm si fir sech vu Russland ze desolidariséieren. Zweck an Zil vun der CPE bleiwen an der Substanz nach relativ flou, mä dee Sommet huet eemol méi gewisen, wéi isoléiert Russland ass, a wéi geschlossen de Kontinent do steet wann et zielt.

D'OSZE, ech hunn et gesot, ass fir de Moment relativ blockéiert an hirem Dagesgeschäft, an trotzdeem spillt se eng wichteg Roll, net eleng doduerch, dass de **"Moskau-Mechanismus" aktivéiert ginn ass, fir déi fuerchtbar Mënscherechtsverletzungen an der Ukrain ze**

**dokumentéieren**. Dëse Mechanismus, deen et zanter 1991 gëtt, ass geduecht fir Fäll wou Memberstaaten hir Obligatiounen am Beräich Demokratie, Rechtsstaat a Mënscherechter net respektéieren. Ähnlech Efforte mécht den Internationale Stroofgeriichtshaff zu La Haye, wou de Procureur Khan eng Enquête opgemaach huet iwwert déi grave Verbriechen, déi Russland an der Ukrain Dag fir Dag mécht. Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'CPI finanziell a mir kucken de Moment och ob aner materiell Kontributioune méiglech wieren. **Fridden ouni Justiz geet net.** Wann d'Zäit vum Fridden endlech kënnt, ass et ganz wichteg, dass mir prett sinn, déi zur Rechenschaft ze zéien, déi fir d'Krichsverbrieche responsabel sinn.

* * *

D'USA spillen traditionnell eng wichteg Roll fir d'Sécherheet an d'Stabilitéit an Europa. E puer Joer laang hu mir missen un deem transatlantesche Partner zweifelen. Zanter dem Amtsuntrëtt vum Präsident Biden sinn déi **transatlantesch Relatiounen nees zouverléisseg ginn**. Virun allem am aktuelle Kontext mierkt een, dass d'Trump-Joren hannert äis leien. Hoffentlech bleift dat esou – haut sinn déi sougenannte „midterm elections", wou d'ganzt Repräsentantenhaus an en Drëttel vum Senat erneiert gëtt, an do kréie mer eng éischt Indikatioun, ob mer an zwee Joer en Trump-Déjà-vu kéinten erliewen, een Trauma. Fir de Moment kënne mir äis an Europa nees op eng seriö Partnerschaft mat den USA verloossen. Dat gëllt net just fir Verdeedegung a Sécherheet a fir d'NATO, mä och an aneren Domainen an op ville multilaterale Sujeten, an et muss och fir den internationalen Handel gëllen wou tëschent Amerika an Europa de Risiko vun neie Restriktioune besteet. D'USA sinn erëm bereet, Responsabilitéit ze iwwerhuelen op globalen Dossieren, an dat ass eng gutt Saach. Allerdéngs ass net alles roseg, an d'USA bleiwen e staark polariséiert Land dat vill mat sech selwer beschäftegt ass. **D'EU steet op hiren eegene Féiss a muss weiderhin drop hischaffen, als fiabele Partner zu globale Froen ugesinn ze ginn**.

* * *

Mir schwätzen zanter e puer Joer vun enger Kris vum Multilateralismus. Déi multilateral Szen ass elo eng Plaz ginn, wou verschidden Narrativen, verschidde Weltbiller, frontal openee stoussen. Eng Rei Länner probéieren, d'Grondrechter a Kategorien opzedeelen, déi ënnerschiddlech wichteg wieren, a behaapten, dass si déi politesch an zivil Mënscherechter

réischt respektéiere kënnen, wann si wirtschaftlech sou entwéckelt si wéi mir. Lëtzebuerg a seng Partner setzen sech an fir d'Universalitéit, d'Inalienabilitéit, d'Interdependenz an d'Ondeelbarkeet vun alle Mënscherechter. **D'Mënscherechter sinn e Ganzt, a si gëlle fir jiddfereen, iwwerall, gläichzäiteg a gläichméisseg.**

Fir vill **Länner, déi traditionnell gutt Relatioune mat Russland hunn** oder haten, ass de Krich an der Ukrain eng Zerräissprouf. Si deklaréieren hir Ënnerstëtzung fir d'Wäerter an d'Prinzipien déi an der Charte vun der UNO stinn, a fäerte gläichzäiteg, de laangen Aarm vu Moskau ze spieren an hire Liwwerketten, an hirer Verdeedegung oder an Dossieren, fir déi si zum Beispill am Weltsécherheetsrot op déi russesch Stëmm ugewise sinn.

Beim leschte Vote an der Vollversammlung vun der UNO, iwwert eng Resolutioun géint d'Annexiounen vun Deeler vum ukraineschen Territoire, hu mir zu 143 Länner zesumme gestëmmt, dat waren der zwee méi wéi am Mäerz, beim éischte Vote. Trotzdeem maachen déi **Länner, déi sech enthalen, dorënner och grouss Acteuren, jo Partner, wéi Indien, äis Suergen**. Et ass onbedéngt wichteg, dass d'EU oppe bleift fir den Dialog mat deene Länner, hinnen nolauschtert an hir Situatioun eescht hëllt. Verschiddener vun hinnen sinn einfach zevill gequëtscht tëschent Russland an äis. Et ass ze hoffen, dass si sech, mat der néideger Zäit, ëmstellen an hir Ofhängegkeeten ofbauen.

Ech denken do zum Beispill un Zentralasien, wéi de Kazakhstan, wou e grousse Reformprozess lancéiert ginn ass, oder un de Kaukasus, wéi Armenien. Mir dierfen si net einfach, souzesoen, ofschreiwen. Natierlech ass dës Kris eng Geleeënheet, fir kloer ze gesinn, ween eis wesentlech Partner sinn. Gläichzäiteg muss d'EU an dëser Kris Wäitsiicht beweisen, a Länner net an Tirange stiechen, mä hinnen eng Chance ginn, e Partenariat mat der EU anzegoen. Wann een, wéi de Kazakhstan, méi wéi 7000 km Grenz mat Russland huet, ass dat net sou einfach, an et brauch Zäit.

Et sief an dësem Kontext z.B. un de ***Partenariat Oriental*** erënnert, deen eis Bezéiunge mat 6 fréiere Sovietrepubliken reegelt. Nieft der Ukrain a Moldawien, déi jo lo Bäitrëttskandidate sinn, a Georgien deem seng europäesch Perspektiv kloer widderholl gouf, sinn och Armenien an den Azerbaïdjan Membere vum *Partenariat Oriental*. D'EU huet nom Bergkarabach-Krich vun 2020 eng wichteg Vermëttlerroll an dëser Géigend iwwerholl. Virun allem Armenien, een

demokratescht, mä geschwächtent Land, dierfe mer net vergiessen. Ech begréissen an deem Sënn, dass d'EU zanter Enn Oktober eng Observatiounsmissioun an Armenien, op d'Grenz mam Azerbaïdjan, geschéckt huet.

Ënnert dem Präsident Biden gouf et an den USA eng Réckbesënnung op de Multilateralismus an op d'Noutwendegkeet, global Problemer zesummen unzegoen. Wat **d'Relatioune vun den USA mat China ugeet, gëllt awer weiderhin de Motto „America First"**, an d'Rivalitéit mat Beijing huet d'Iwwerhand. Dëst gëllt souwuel am internationalen Handel, wéi och, wat d'global Sécherheetsstrukturen ugeet. D'USA gesi China als déi gréisste Menace, well China an de leschten 20 Joer politesch, ekonomesch a militäresch een eenormt Gewiicht weltwäit kritt huet. Dass China a Russland strategesch Relatioune mateneen hunn verschäerft déi Rivalitéit am aktuelle Kontext just nach. Vun Europa aus gesinn, riskéiert déi amerikanesch Politik vis-à-vis vu China allerdéngs, Russland a China nach méi no beieneen ze bréngen – och wann et glécklecherweis nach ëmmer international Momenter gëtt, wou ee kloer gesäit, dass d'Relatioun tëschent China a Russland virun allem eng Zweckallianz ass.

De Chinesen hir Haltung am Ukrain Krich kann een als neutral pro-russesch bezeechnen. Bis elo gëtt et keng Unzeechen dofir, dass Beijing Moskau géif mat Waffen ënnerstëtzen. Direkt chinesesch Ënnerstëtzung fir de russesche Krichseffort wier komplett kontradiktoresch mat de chineseschen Deklaratiounen, dass Onofhängegkeet an territorial Integritéit elementär sinn. A multilaterale Foren huelen d'Chinesen Russland deelweis a Schutz, mä et ass duerchaus remarkabel, dass China net zu deene Länner an der UNO gehéiert, déi mat Russland stëmmen. Dat sinn der just nach e Grappvoll, dorënner Syrien an Nordkorea. China enthält sech.

China huet och Russland onmëssverständlech gewarnt, net mat Nuklearwaffen ze dreeën.

* * *

An all eise **Kontakter mat chineseschen Diplomate schwätze mir och de Krich an der Ukrain un**, dee selbstverständlech och negativ Konsequenze fir China huet. Kuerzfristeg profitéiert China zwar vu verbëllegten Energieliwwerungen aus Russland, mä mëttel- a laangfristeg ass de Krich an der Ukrain an déi global Onstabilitéit, virun allem am wirtschaftleche Beräich, net am Interessi vun der Volleksrepublik. Beijing analyséiert de Konflikt an der Ukrain ganz genee,

a kuckt sécher och, wat eis Sanktiounspolitik kéint sinn, wa China eng militäresch Eskalatioun an der Taiwan Strooss sollt provozéieren. Eis kloer Haltung am Ukrain Krich ass e wichtegt Element, fir och an der Weltpolitik zur Stabilitéit bäizedroen, net just an Europa, mä och an Asien. Mir plädéiere resolutt derfir, de Status Quo an der Taiwan Strooss ze erhalen.

**China** ass a bleift awer och e Partner a ville Beräicher, och wann et natierlech grouss Onstëmmegkeete gëtt, un éischter Stell natierlech iwwert d'Mënscherechter. Ouni China kënne mir zum Beispill de Klimawandel net an de Greff kréien. Schonn eleng aus deem Grond dierfe mir net zouloossen dass et nees zu enger Block-Mentalitéit kënnt wéi mer se wärend dem Kale Krich erliewt hunn. Op enger Säit de Westen, op där anerer Russland a China – dat wier fir kee gutt, a géif all déi Länner dertëschent an eng onméiglech Situatioun bréngen.

Lëtzebuerg an d'EU wäerte weider déi universell Mënscherechter verdeedegen, och a China. Mir sichen op alle Sujeten de kritesch-konstruktiven Dialog hei. Dëst Joer ass de 50. Anniversaire vun eisen diplomatesche Bezéiungen. An sou enger Relatioun muss een iwwert alles kënnen dialogéieren, och iwwer schwireg Sujeten.

Lëtzebuerg ass sech senger Verantwortung am Mënscherechtsrot zu Genève, wou mir jo zanter Januar eng éischte Kéier Member sinn, op alle Sujete bewosst. Mir hunn do och d'Propositioun engagéiert ënnerstëtzt, fir de Rapport iwwert d'Situatioun am Xinjiang ze diskutéieren. **D'Situatioun am Xinjiang** ass zudéifst beonrouegend, an et ass eng Schan, dass de Vott am Mënscherechtsrot, dee jo just geduecht war, eng Diskussioun op den Agenda ze setzen, negativ ausgaangen ass.

* * *

Wat **Russland am Mënscherechtsrot** ugeet, sou fuerdere vill Acteuren schon zanter e puer Joer, also nach virum Krich, d'Opsetze vun engem Mandat vun engem Spezial-Rapporteur vum Mënscherechtsrot, fir d'Mënscherechtssituatioun a Russland ze dokumentéieren an ze iwwerwaachen. Mam Agressiounskrich géint d'Ukrain ass d'Situatioun a Russland nach méi schlëmm ginn. Well d'Mënscherechtsverletzungen a Russland esou flagrant sinn, huet Lëtzebuerg d'Roll vum *Penholder* fir sou eng Resolutioun zu Genève ugeholl, an d'Aarbecht

vun de 26 EU-Memberstaate, déi Co-Auteure waren, koordinéiert an den Text formell op den Dësch geluecht.

Am **Vott ass eis Resolutioun mat 17 Stëmmen dofir, 24 Abstentiounen a 6 Stëmmen dogéint ugeholl ginn**. Déi 6 Länner déi dogéint gestëmmt hunn, si Bolivien, Kuba, Eritrea, Kasachstan, China a Venezuela, déi ëmmer géint Länner-Resolutiounen am Mënscherechtsroot sinn. Och hei sinn et déi vill Abstentiounen, déi Suerge maachen, an déi weisen, dass Moskau nach ëmmer zevill Afloss huet. D'Adoptioun vun dëser Resolutioun ass awer virun allem e grousse Succès well et déi éischte Kéier ass, dass eng Resolutioun iwwert d'Mënscherechtssituatioun vun engem P5 Land, engem permanente Member vum Sécherheetsrot, um Agenda vum Mënscherechtsrot stoung. Dat ass e staarke Message doriwwer, dass d’Mënscherechter iwwerall gëllen.

Deen neie Spezial-Rapporteur fänkt elo geschwënn u mat Schaffen, a wäert dann en éischte Rapport am September 2023 presentéieren, wou säi Mandat dann och ka verlängert ginn.

* * *

**Respekt vum internationale Recht a Multilateralismus sinn existentiell wichteg fir kleng Staaten**. Och dofir setze mir äis esou staark an allen internationalen Organisatiounen derfir an, fir Russland sou wäit wéi méiglech ze isoléieren a fir déi fuerchtbar russesch Verstéiss géint d’internationaalt Recht unzeprangeren. **D'Kredibilitéit vum Multilateralismus** a vun allen internationale Mechanismen, déi op Kooperatioun berouen, hänkt dovun of. Russland huet sou villes an der internationaler Zesummenaarbecht futti geschloen. Ech si fundamental dervun iwwerzeecht, dass Russland sech domat selwer enorm schuedt. Soulaang wéi Russland d’Agressioun géint d’Ukrain oprecht erhält, kënne mer keng Hand Richtung Russland reechen.

De Moment vun der Diplomatie muss nees kommen a mir an der NATO an an der EU mussen dann prett sinn. Ech zielen drop, dass **d’UNO, an de Generalsekretär Guterres, eng grouss Roll ze spille kritt**, wann et bis méiglech ass, iwwert e Waffestëllstand an en Enn vum Krich ze verhandelen. Dee Moment kënnt awer réischt, wann déi russesch Panzeren zréck iwwert d’Grenz rullen. Et kënnt och eng Chance kommen, je nodeem wéi d’Schluecht vu Kherson

ausgeet, dass Russland net aus enger Position de force eraus mä, bien au contraire, aus der Defense eraus, sech géif gezwonge gesinn, un den Dësch ze kommen.

Et ass kloer, dass all Initiativ an dësem Sënn der Ukrain a kenger Form kann opgezwonge ginn.

* * *

Mam Konflikt an der Ukrain an all de Konsequenze vun der russescher Agressioun behaapten elo verschidde Leit, dass d'Liewensmëttelkris d'Konsequenz vun de wirtschaftleche Sanktioune wier, déi d'EU an aner Länner géint Russland geholl hunn. Do verwiesselen se bewosst de richtegen Ausléiser vun der Kris, an d’Reaktioun drop.

**D'Liewensmëttelkris huet, dat ass evident, en disproportionnéierten Impakt op Länner, déi scho vulnerabel waren**, virun allem um afrikanesche Kontinent. De Krich war, no der Pandemie, fir vill Länner déi Drëps, déi d’Faass iwwerlafen deet, an déi sozial Konsequenze vum Impakt vum Krich kënnen dramatesch ginn. An deene Länner falen déi Argumenter, de Weste wier un allem Schold, an oppen Oueren. An deem Kontext ass et immens wichteg, dass mir d’Eenheet an der EU erhalen an dass **eis Kommunikatioun** glaskloer an iwwerzeegend ass, souwuel um multilateralen Niveau wéi och an de Relatioune mat de verschiddene regionale Gruppen.

An deem Kontext begréissen ech, dass et dem Generalsekretär Guterres, mat Hëllef vun der Tierkei, gelongen ass, de sougenannte **„Grain Deal“** hinzekréien an um Liewen ze halen. Dass Moskau an enger éischter Phase deen Deal kippen wollt, muss engem awer Suergen machen. Dat Ofkommes huet et nämlech iwwert déi lescht Wochen erlaabt, Milliounen Tonne Kären aus den ukrainesche Späichere eraus a bei d’Leit an Nout ze bréngen. Dës Wéideren huet d’Ofkommes dozou bäigedroen, weltwäit d’Präisser vun den Liewensmëttelen erofzedrécken. Et ass also wichteg dass d’Ukrain mat de Liwwerungen weiderfuere kann, wéi virdrun. Méi wéi 10 Milliounen Tonne sinn zanter dem 3. August exportéiert ginn.

* * *

De Krich op eisem Kontinent dierf äis op kee Fall vergiessen doen, dass et **op ville Plazen op der Welt Kricher** gëtt, aler an neier, déi en enormen humanitären Impakt hunn, a fir déi d’EU

och gefuerdert ass, fir Léisungen ze sichen. Déi Wäerter, fir déi d'Ukrainer kämpfen, sinn déi selwecht Wäerter wéi déi, wéinst deene mir äis och uechter d'Welt mussen engagéieren.

An Afrika huet d'Liewensmëttelonsécherheet an d'Präisdeierecht **humanitär Urgencen, déi et scho gouf, nach méi schlëmm gemaach**. Dozou kënnt déi schlëmmsten Dréchent zanter 40 Joer, zemools am Horn vun Afrika. Dës akut Erausfuerderunge komme bei al-bekannte Problemer a laang Konflikter derbäi : e Manktem un Demokratie a Gouvernance, grad ewéi Mënscherechtsverletzungen. An dat alles um Kontinent, deen äis am nootsten ass.

Mir gesinn zanter e puer Joer eng nei Well vu **Militär-Putschen a Westafrika**, zemools an der Regioun vum Sahel, wou Lëtzebuerg jo traditionnell ganz engagéiert ass - rezent nach am Burkina Faso. D'Toleranz, mat där déi Putsche vun der Bevëlkerung higeholl ginn, illustréiert och, wéi dramatesch de Verloscht u Vertrauen vun de Bevëlkerungen an hir Regierungen ass, well déi Regierungen ëmmer méi Terrain vis-à-vis vu Rebellegruppen an Terroriste verléieren. D'Putschiste fëllen e Vakuum, dee just mat zolitter Gouvernance a konsequente Reformen ze fëlle wier, an doraus gëtt en Däiwelskrees.

Déi militär-politesch **Situatioun am Mali** huet sech weider verschäerft elo wou déi franséisch Missioun Barkhane fort ass. Barkhane war jo déi franséisch Militäroperatioun, déi och zanter 2014 am Mali fir all aner Militär- an Zivilmissiounen d'Sécherheet garantéiert huet. Barkhane ass Affer ginn vun där zudéiwst anti-franséischer an anti-europäescher Haltung vun der malescher Junta, déi léiwer mat de russesche Sëldner vum Grupp Wagner zesummeschafft. Déi militäresch Iwwergangsregierung konnt zwar mat der Annonce vun engem konstitutionellem Referendum 2023 a Presidentschaftswalen 2024 seng regional an international Partner kuerzfristeg berouegen, mä dat heescht net, dass d'Land an enger gudder Verfaassung wier: de Sécherheetschaos, tëschent terroristesche Gruppen, engem schlecht organiséierte Militär, respektiv Sëldnertruppen, huet bal eng hallef Millioun Malier intern deplacéiert oder an Nopeschlänner verdriwwen. Dobäi kommen ëm déi 2 Millioune Mënschen an akuter Liewensmëttelonsécherheet. **De Mali bleift also den Epizenter vun der Kris an der Sahelzon**.

An deem Kontext sinn ech Ufank dës Joers fir déi éischte Kéier a **Mauretanien** gereest, e Land dat souzesoen d'Bréck tëschent dem Maghreb an dem Rescht vun Afrika mécht. Mauretanien

ass onheemlecht interessant an wichteg fir d'Sahelrégioun, well et et fäerdegbréngt, eng gewëss Konstanz a Saache Gouvernance a Fridden ze beweisen. Mir konnten eng Co-Akkreditatioun vun eisem Ambassadeur vun Dakar a Mauretanien an d'Weeër leeden, an och rezent en Honorarkonsul, den Abderrahmane Sissako, nennen. Mauretanien ass e Pol vu Stabilitéit an der Regioun, grad wéi den **Niger**, wou de Präsident Bazoum et mat gudder Gouvernance an demokratescher Regierungsféierung fäerdeg bréngt, säi Land vun der Instabilitéit am Rescht vum Sahel ofzeschiermen.

Manner gutt Noriichte kommen, ech hunn et scho gesot, aus dem **Burkina Faso** wou am Oktober deen zweete Coup d'Etat dëst Joer war. Domadder goufen all international Efforten fir e Retour zu enger zivilgefouerter Regierung op Null zréckgesat. Wéi am Mali ass et och hei wichteg trotz allem weider am Dialog mat den Autoritéiten ze bleiwen, fir de Burkina zréck op de Wee vun der Demokratie ze begleeden. Et besteet de grousse Risiko, dat extern Acteuren wéi Russland, mat hirem simplisteschen anti-europäeschen Discours weider Uklang an der Bevëlkerung fannen. Als bilaterale mä och europäesche Partner dierfe mir dem Burkina an dësen ongewëssen Zäiten net de Réck zoukéieren. Do géif just d'Zivilpopulatioun, déi mir och mat eiser Entwécklungshëllef zanter Joren ënnerstëtzen, drënner leiden.

Op der anerer Säit vum Kontinent, am **Horn vun Afrika**, huet e komplizéierte Krich am Norden vun **Ethiopien** zwee Joer laang geherrscht. Honnertdausende Leit sinn deem brutalen Krich zum Affer gefall, dorënner vill Fraen a Kanner. D'Nopeschland Eritrea war vun Ufank un mat sengen Truppen am Krich géint d'Regioun vum Tigré am Norde vum Land verwéckelt, mä och nach aner extern Acteuren. Glécklecherweis konnten sech béid Parteien den 2. November a Südafrika op ee **Waffestëllstand** eenegen. Et ass ze hoffen, dass dës wichteg positiv Etapp sech och an den nächste Wochen um Terrain verwierklecht, fir dass d'humanitär Hëllef endlech d'Populatiounen erreecht, déi op se ugewisen sinn: am Norden vun Ethiopien sinn haut 13 Millioune Mënsche ofhängeg vun der humanitärer Hëllef. Nieft der akuter Hongersnout ass a verschiddene Regiounen eng grouss Dréchent, an op aner Plazen huet d'Reesaison Iwwerschwemmungen an ustiechend Krankheeten mat sech bruecht – bei bal 200 Leit gouf mëttlerweil scho Cholera nogewisen.

D'EU muss sech lo rëm aktiv an der Regioun abréngen an de Friddensprozess ënnerstëtzen. Ouni de Fridden an Ethiopien kann d'ganz Regioun net dauerhaft stabil sinn.

* * *

Am **Iran** stinn zwou jonk Fraen, d'Niloofer Hamedi an d'Elaheh Mohammadi, ronn 20 Joer al, viru Geriicht a riskéiere liewenslängleche Prisong! Wat hu si verbrach? Si waren déi éischt déi d'Geschicht vum Mahsa Amini erzielt hunn. Eng jonk Fra vun 22 Joer. Mir kennen se, dës Tragedie : si war zu Teheran mat hiren Elteren op Besuch wéi d'"Moralitéitspolice" si festgeholl huet, den 13. September dëst Joer. D'Uersaach war fir dës Police, dass en Deel vun hiren Hoer ënnert dem Voile erausstoungen. Mir kennen d'Suite. D'Mahsa ass dräi Deeg laang um Commissariat zerschloe ginn, si ass an de Koma gefall an dunn an e Spidol transportéiert ginn, wou si gestuerwen ass, de 16. September.

D'Revolte doropshin am Iran ass gewalteg, an d'Repressioun och. 300 Leit hunn, an deem Land vu 85 Milliounen Awunner, hiert Liewe bis elo verluer, 14.000 sinn der festgeholl ginn. Vill jonk Leit, Fraen un éischter Stell.

**« Fraen, Liewen, Fräiheet »** - oder op Kurdesch « Jin, Jiyan, Azadî » - dat ass de Slogan vun der **Protestbeweegung am Iran**. Déi jonk Iranerinnen an Iraner hunn d'Gefill ze erstécken ënnert dem theokratesche Regime vun de Mullahen. Virun allem déi jonk Frae wëllen endlech a Fräiheet an a Gläichheet mat hire männleche Kompatriote kënne liewen. Hiren dagdeeglleche Kampf verdéngt eisen déifste Respekt, an déi brutal Repressioun vun den iraneschen Autoritéite muss endlech ophalen.

Den Iran ass, nom Hoffnungsschimmer ënnert dem President Rohani, an de Joren 2015 bis 2017, zu enger reegelrechter militärescher Tyrannie ginn. All berechtegt Kritikaktiounen kréien eng eenzegt Äntwert, schreiwt de Monde virun e puer Deeg : **„A chaque contestation, la République d'Iran n'a qu'une réponse: elle tue"**.

Als EU hu mir eis Orientatioune ginn, wéi mir d'Mënscherechtsverdeedeger uechter d'Welt wëlle beschützen an ënnerstëtzen. Dës Orientatioune mussen elo konsequent applizéiert ginn. De 17. Oktober huet d'EU 11 Persounen a 4 Entitéiten op d'Sanktiounslëscht gesat. De nächste Méindeg, beim Conseil vun den EU-Ausseministeren, gëtt héchstwarscheinlech eng weider Lëscht ënnert dem Mënscherechts-Mechanismus adoptéiert. Dobäi komme nach d'Sanktioune wéinst der Liwwerung vu Kamikaze-Dronen u Russland, déi Russland an der Ukrain asetzt.

Well no dësen Evenementer aus de leschte sechs Wochen net drun ze denken ass, nees Gespréicher iwwert **d'Nuklearofkommes JCPOA** opzehuelen, geschweige denn, se zu enger Konklusioun ze bréngen, musse mer der Realitéit an d'Aan kucken, dass dëse Regime vun den Ayatollahen déi mäerdereschst Waff, déi et gëtt, a kuerzer Zäit an den Hänn kann hunn. Eng Tatsaach, där d'Welt sech ze stellen huet.

* * *

Och a **Palestina** gëtt d'Repressioun ëmmer méi schlëmm, virun allem durch déi israelesch Arméi an armeiert Siedler, mä och vun der palestinensescher Autoritéit am Westjordanland, oder vum Hamas an der Gazasträif. D'Gazasträif, déi zanter 15 Joer ënnert israelescher Blockade steet, gouf dëst Joer op en Neits vun Israel bombardéiert. Et kann een et net oft genuch widderhuelen: **d'Awunner vu Gaza kënne néierens hi flüchten**. Si si gefaangen am gréisste Prisong ënner fräiem Himmel vun der Welt, an an engem endlosen Zyklus vu Gewalt an Zerstéierung. D'Westjordanland ass drop an drun, ze explodéieren, an d'Gefor vun enger drëtter Intifada ass reell. D'Zwee-Staate-Léisung ass de facto quasi onméiglech ginn. Nëmmen eng Zuel fir dat ze illustréieren: an den illegalen israelesche Siidlungen am Westjordanland wunnen iwwer 600.000 Leit. Ongeféier d'Awunnerzuel vu Lëtzebuerg, op deem Gebitt, wou eigentlech de palestinensesche Staat sollt entstoen. Wann dir haut mat de Jonken a Palestina an och an Israel schwätzt, soe verschiddener: wann et keng zwee Staate ka ginn, dann eben ee Staat, an deem jiddereen déi selwecht Rechter huet. Dat allerdéngs geet erëm net, well dann déi jiddesch Communautéit an engem bi-nationalen Staat net méi an der Majoritéit wier, a wéi der wësst huet Israel sech 2018 als de „jiddeschen Nationalstaat" deklaréiert. **Also si mer an engem Däiwelskrees: et ka weder zwee Staaten, nach ee Staat ginn**. **Wat iwwereg bleift, ass eng éiweg Occupatioun.** De facto een eenzege Staat, awer mat ongläiche Rechter fir déi eng a fir déi aner. Wouzou dat féiert, hu mer bei de rezente Walen an Israel gesinn, wou eng rietsextrem Partei déi drëttstäerkste Kraaft ginn ass, an deemnächst kéint Deel vun der israelescher Regierung sinn. Am Israel-Palestina Konflikt huet d'Europäesch Unioun just eng Chance, gehéiert ze ginn, wa se eng Positioun huet, keng zwou oder dräi. An deem Sënn beméiht Lëtzebuerg sech weiderhinn, a mécht sech staark fir d'Recht vun de Palestinenser op en eegene Staat. Dëst ass laangfristeg déi eenzeg nohalteg Léisung, dass Israel dauerhaft a Fridde liewe kann, Säit u Säit mat Palestina.

Loosst mech op dëser Plaz och nach e Wuert verléieren iwwer **zwee Konflikter, déi ëmmer méi a Vergiessenheet geroden well se schon soulaang daueren, an sou aussiichtslos schéngen: Syrien an de Jemen.** D'Situatioun am Jemen gëtt allgemeng als déi schlëmmsten humanitär Katastroph op der Welt ugesinn. An dat heescht eppes, nodeems ech iech vun där fuerchtbarer Situatioun am Tigré geschwat hunn. A Syrien huet den Assad, fir sech um Pouvoir ze halen, mat Hëllef vu Russland dat ganzt Land zerstéiert. **Déi russesch Bombardementer an déi iranesch Dronen déi mir haut an der Ukrain gesinn, komme net vun ongeféier: all dat hu mer zanter Jore schonn a Syrien an am Jemen beobacht. Se hannerloosse weider näischt wéi Misère an Zerstéierung.** Dëst weist, wéi wichteg et ass, d'Krichsverbriecher iwwerall op der Welt zur Rechenschaft ze zéien. An der arabescher Welt ginn et konkret Unzeechen, den Assad ze rehabilitéieren, en nees politesch salon-fäheg ze maachen, ouni en zur Rechenschaft ze zéien.

A wa mer vun de Brigange vun dëser Welt schwätzen : Mir dierfen och d'Situatioun am **Afghanistan** net aus de Aan verléieren. Contrairement zu deem wat d'Taliban zougesot haten, wéi si am August 2021 nees un d'Muecht komm sinn, hu jonk Fraen nach ëmmer keen Zougang méi zur Edukatioun iwwert d'Primärschoul eraus. Dat kann näischt Guddes fir e Land heeschen. E Land an deem 50 Prozent vun der Bevëlkerung net méi dierf an d'Schoul goen, ass e Land, dat sech selwer zum absolute Stëllstand verdaamt huet. Am Afghanistan gëtt et haut keng Perspektiv, guer keng, fir iergend eng Zukunft fir d'Leit a fir hir Kanner. Mir setzen äis weider dofir an, dass d'Situatioun vun de Meedercher a Fraen am Afghanistan sech verbessere muss. De Wanter um Hindukusch ass batter, an d'Leit am Afghanistan leide weider, dëst no 20 Joer grousser Hoffnung. D'UNO ass och hei eleng an enger Positioun, fir Drock op d'Taliban ze maachen, fir dësen Diskriminatiounen en Enn ze setzen.

**Den Afghanistan bleiwt eent vun de Länner, aus deenen déi meescht Leit bei äis flüchten.** Am August 2021, wéi d'Taliban brutal un d'Rudder komm sinn, huet de Grand-Duché Lëtzebuerger Awunner vun afghanescher Hierkonft a Leit mat engem Lien zu onsem Land evakuéiert. Drëttlänner wéi de Qatar oder Pakistan hu vill gehollef, fir déi Evakuéierungen, an Départen an der Urgence vun den éischte Wochen, méiglech ze maachen. Lëtzebuerg hat och zougestëmmt fir afghanesch Staatsbierger opzehuelen, déi besonnesch a Gefor waren an hirer Heemecht. Insgesamt hunn mir am Kader vun der humanitärer Evakuéierung aus

Afghanistan eng 60 Leit opgeholl. All déi Leit hunn zu Lëtzebuerg internationale Schutz kritt. Ënnert hinne sinn och Leit, déi fir d'EU an NATO geschafft hunn, an och aner Leit, déi besonnesch bedroht waren, zum Beispill Riichterinnen an hire Famillen. Gläichzäiteg hu mir zanter Mëtt August 2021 65 Afghanen en Titre de Séjour fir Familljemememberen ausgestallt, am Kader vun der Familljenzesummeféierung. Vun 2021 bis den 20. Oktober 2022 hunn insgesamt 263 Afghanen eng Demande fir internationale Schutz gestallt. An der selwechter Zäit kruten 210 Afghanen internationale Schutz zougeschwat. Dorënner déi 60 Leit, déi am Kader vun der humanitärer Evakuéierung bei äis komm sinn. Och wann d'Joer 2022 staark duerch den Krich an der Ukrain geprägt ass, dierfe mir awer d'Leit am Afghanistan an op sou villen anere Plazen net vergiessen.

Den Ament **klëmmt de Migratiounsdrock an Europa am allgemengen rëm staark**, nodeems en zanter dem Pandemie-Joer 2020 staark zréckgaange war. Am Mëttelmier-Raum, a virun allem an Italien, mä och op Zypern, kommen zanter Ufank vun dësem Joer erëm méi Leit un. Och iwwert d'West-Balkan Route komme vill Leit an d'EU. Op eise Baussegrenzen am Osten hate mir et mat enger Instrumentaliséierung vun der Migratioun duerch den autokratesche Regime vum Lukachenko am Belarus ze dinn.

An der EU leien d'Zuele nach hannert deene vu virum Krisejoer 2015, se sinn awer vill méi héich wéi an deenen leschten Joren, an et bleift vir mech kloer, dass mer äis **dréngend nei Reegelen an der Unioun musse ginn, fir eng geuerdent, automatesch an obligatoresch Gestioun vun der Migratioun** ze hunn. D'Verhandlunge fir de Migratiounspakt gi leider nëmme lues virun, wat den Aspekt vun der Solidaritéit ugeet. Mir setzen äis och bei der UNO a fir dës Sujeten : dëst Joer war Lëtzebuerg de Co-Facilitateur, zu New York, fir den „International Migration Review Forum", deen den Tësche-Bilan gezunn huet vum „Global Compact for Safe, Orderly and Regular Migration", deen 2018 ugeholl gi war.

Zu Genf geet eisen **Asaz fir Mënscherechter Hand an Hand mat eisem Asaz fir eng mënschlech Migratiounspolitik**. Mir als Europäesch Unioun musse kloer Zeeche setzen. Mir brauchen eng gesond **legal** Migratioun an Europa an och op Lëtzebuerg. 13% vun wesentleche Beruffer ginn an Europa vun Drëttstaatler iwwerholl. Ech loossen iech d'Rechnung fir Lëtzebuerg maachen. Ouni déi Drëttstaatler hätte mer nach méi eng grouss Penurie a verschiddenen Secteuren, wéi zum Beispill am ICT-Beräich.

D'Ophuele vu Flüchtlingen ass **e staarkt Zeeche vu Solidaritéit**, ee Prinzip deen am EU-Recht, zumindest um Pabeier, grouss geschriwwe gëtt. Fir ee Land wéi Lëtzebuerg ass Solidaritéit immens wichteg, dat ass virun allem wärend der Pandemie kloer gi. Mir waren ugewisen op d'Solidaritéit vu sou ville Partner, fir d'Kris ze meeschteren. Migratioun an Asyl sinn ee vun deene Beräicher, an deene mir dës Solidaritéit kënnen zréckginn, an dat machen mer och.

Mir hunn äis, an där Logik, konstant **solidaresch** gewise mat anere Memberstaten, andeems mir méi wéi honnert *Demandeurs d'asile* am Kader vun der Relokalisatioun zanter 2018 aus der Mëttelmier-Regioun opgeholl hunn. Eréischt virun e puer Woche koume weider Flüchtlingen an dësem Kader aus Italien um Findel un. Leider hunn zwee Drëttel vun den EU Memberstaaten nach keng Flüchtlingen iwwert d'Relokalisatioun opgeholl. Dat ass ee vun de Grënn, firwat **eng obligatoresch Solidaritéit** innerhalb vun der EU ëmmer méi indispensabel gëtt. Et kann net sinn, dass déi Länner, déi duerch hir geographesch Lag dat éischt Zil an der EU vu ville Flüchtlinge sinn, eleng gelooss ginn. Do geet et och net duer, dass vereenzelt Memberstaate sech solidaresch weisen an ëmmer nees Migranten an Nout ophuelen. Solidaréit ass ee vun den absolute Grond-Wäerter vun der EU. Solidaritéit muss um Terrain eng wierklech Entlaaschtung bréngen. Solidaritéit geet net just an eng Richtung. Sou genannten „Push backs" op verschiddene vun eisen europäesche Baussegrenze sinn den absolute Contraire vu Solidaritéit.

**Solidaritéit gëtt et awer net nëmmen am Kader vun der EU**. Och international weist eist Land sech solidaresch, an hëlt seng Responsabilitéit, virun allem vis-à-vis vun deene Leit, déi op Grond vu Krich a Gewalt alles hu missen zrécklossen. Zanter 2014 goufen iwwer 350 Leit am Kader vun der Reinstallatioun opgeholl aus der Tierkei, dem Libanon, Jordanien an dem Niger.

* * *

Déi aktuell Ëmwälzungen erfuerderen och nach méi wéi an der Vergaangeheet, dass mir eis Funktiounsweis reegelméisseg iwwerpréiwen a sécherstellen, dass mir eis d'Mëttele ginn, déi mir brauchen, fir eisen internationale Responsabilitéite gerecht ze ginn an eis Interessiën esou gudd ewéi méiglech an der Welt ze vertrieden. Dozou gehéiert och, dass mir eisen **diplomatesche Reseau** upassen, wann et néideg ass.

De Krich an der Ukrain huet der Sécherheetsdimensioun erëm e ganz anere Stellewäert gin. Eis Sécherheet bleift garantéiert vu der **NATO**. An deem Kontext hu mir decidéiert, eis Vertriedung bei der Allianz zu Bréissel ze stäerken. De Lëtzebuerger Ambassadeur bei der NATO wäert sech an Zukunft mat senger Equipe honnertprozenteg op eis Interessië bei der Allianz konzentréieren, an net méi wéi bis ewell och fir eis Relatiounen mat eise belschen Noperen zoustänneg sinn. Dëst erlaabt äis gläichzäiteg, och d'Relatioune matt der Belsch a besonnesch hire federalen Entitéiten méi efficace ze fleegen. Dëse Schrack war scho laang iwwerfälleg an ass duerch de Krich an der Ukrain inevitabel ginn.

Ech hun et ugangs gesot, mir mussen och eis Handelsrelatiounen iwwerdenken an nach méi enk mat deene Partneren zesummeschaffen, mat deene mir déi selwecht Waërter hunn. Eis Relatioune mat **Südkorea** hunn an de leschte Joren eng Dynamik entwéckelt, déi eng permanent Präsenz zu Seoul erfuerdert. Aus deem Grond hu mir decidéiert, eng Ambassade zu Seoul opzemaachen. Domadder wëlle mir déi enk Zesummenarbecht um bilateralen an och um multilaterale Plang mat Korea weider ausbauen.

* * *

Dës Aussepolitesch Ried 2022, déi 16. zanter ech am Amt sinn, ass déi schwéierst an der Preparatioun gewiescht, well déi international Situatioun däermoossen opgewullt ass.

Eng militäresch Agressioun vun dësem Ausmoss konnte vill sech, an do schléissen ech mech natierlech mat an, op dësem Kontinent net virstellen. Wa mir de Jonke versicht hunn, Europa méi no ze bréngen, hu mir dacks vun deem grousse Friddensprojet geschwärmt, deen an de leschte 70 Joer geschaf gouf. Net seelen hunn ech awer misste feststellen dass déi Jonk, an och déi manner Jonk vun haut, mat deem Argument net méi wierklech eppes konnten ufänken, well de Fridden eng Normalitéit gi war, eppes wat een sech guer net méi anescht ka virstellen.

Zanter dem 24. Februar wësse mir, dass Fridden um europäesche Kontinent alles anescht ass ewéi eng Selbstverständlechkeet. Dass et Muechten an Acteure ginn, déi an alen Denkschemen hänke bliwwe sinn, déi eis Denkweis net deelen an déi net zécken, mat réier Gewalt hir Ziler probéieren duerchzesetzen. Mir hu misste feststellen dass et de Fridden net fir Näischt gëtt, dass et net duergeet, eng dauerhaft Friddensarchitektur an Europa ze

schafen, ma dass dës och muss versuergt an ënnerhale ginn, a virun allem resistenzfäheg, resilient, muss gemaach ginn.

An deem Sënn ass de 24. Februar e **Paradigmewiessel**. Et ass deen Dag, wéi alles anescht ginn ass. Den Dag wéi mer verstanen hunn, dass d'Nokrichsuerdnung an Europa a Fro gestallt ginn ass. Dat friddlecht Zesummeliewen ass unilateral opgekënnegt ginn vum russesche Präsident, mat all dem Leed a Misère dat e Krich mat sech bréngt. Mir wëssen elo nees, wéi wäertvoll an onverzichtbar de grousse Friddensprojet Europa ass. A mir gesinn, no de Balkankricher aus den 90er Joren, nees mat aboluter Däitlechkeet, wéi sënnlos a schrecklech all Krich ass. Wéi evident et ass, dass e Krich net ka gewonne ginn, oder jiddefalls net ouni sou enorm Verloschter, dass kee Krichszil se kéint justifiéieren. Net um Schluechtfeld, net an de Käpp a bestëmmt net an den Häerzer vun de Leit.

Jiddferee muss elo kucken, wou e steet, op wéi enger Säit vun der Geschicht e wëllt stoen. Et gëtt keng Neutralitéit a keng Ambiguitéit fir dëse Krich richteg anzeschätzen, an d'Geschicht wäert jugéieren, ob een op der richteger Säit stoung.

Fazit : Mir mussen an Zukunft nach méi investéieren, fir de Fridden ze erhalen. Fir äis ze schützen. Eis Bierger, eis Aart a Weis fir ze liewen, eis Wäerter an eis Idealer vun Toleranz a Respekt géigeniwwer eise Mattbierger.

Dës nei **Situatioun ass och en Accélérateur** fir eng Rei Projeten déi mir schonn op de Wee bruecht hunn. Sief et d'Energietransitioun, d'Schaffen un enger méi grousser Resilienz vun eiser Wirtschaft, d'Reduzéirung vun eisen Ofhängegkeeten, e bessere Schutz vun eisen Infrastrukturen oder och den Ausbau vun eise Verdeedegungskapazitéiten. All dat muss elo vill méi séier virubruecht ginn, wéi mir dat geduecht haten. Dat kritt déifgräifend Konsequenzen op eist deeglecht Liewen, op eis Gesellschaften an eis Wirtschaft. Ech si fest dovunner iwwerzeegt, dass mir méi staark aus dëser Kris erauskommen wa mer dëst ëmsetzen.

Dofir musse mir déi staark Eenheet, déi mir bis ewell an der EU ënner Beweis gestallt hunn, onbedéngt bäibehaalen. Nëmme gëeent kënne mir op der internationaler Bühn déi Roll spillen déi d'EU am 21. Jorhonnert spille soll. D'EU als Friddensprojet ass méi relevant wéi jeemools virdrun. Eng souverän Unioun, déi eng direkt Responsabilitéit fir hir Noperschaft

huet, déi Stabilitéit a Wuelstand propagéiert, mä déi och muss bereet sinn, strategesch ze denken an sech ze wieren géint schiedlech Interferenzen an Aflossnahmen.

„Demokratie ass net Alles, mä ouni Demokratie ass Alles Näischt“, fir de Willy Brandt ze paraphaséieren. Mäi Message wier et, kee Millimeter Rechtsstaatlechkeet opzeginn, weder bei äis zu Lëtzebuerg, nach an der EU. Aus engem Millimeter gëtt séier e Meter, dann e Kilometer, a schliesslech landt een do, wou Autokrate fräi Hand hunn, well d’Géigegwiichter zur politescher Muecht eliminéiert sinn.

Ech sinn zouversiichtlech, dass dem Putin säi brutale Krich an der Ukrain äis all opgerëselt huet a gestäerkt huet fir d‘Demokratie ouni Konzessioun ze verteidegen.

Ech soen Iech Merci.